

Ordre du jour

1. Communications

2. Ordre du jour

3. 5580 - Projet de loi adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et des traitements et modifiant

1. l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

2. la loi modifiée du 27 mai 1975 portant généralisation de l'échelle mobile des salaires et traitements;

3. la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet:

1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge;

2) de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance;

4. loi modifiée du 30 avril 1980 portant création d'une allocation de maternité;

5. loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;

6. la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;

7. la loi modifiée du 1er août 1988 portant création d'une allocation d'éducation;

8. la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;

9. la loi du 28 juin 2002 portant création d'un forfait d'éducation

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale - Votes et dispense du second vote constitutionnel)

4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet des problèmes de la prostitution au Luxembourg

(Débat - Motion - Vote)

5. Déclaration de Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, au nom du Gouvernement, au sujet du projet de fusion entre Arcelor et Mittal Steel

(Déclaration et débat)

6. Heure d'actualité demandée par le groupe CSV au sujet des pratiques commerciales de la Coditel

(Débat)
- Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf, Claude Wiseler et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.
- (Début de la séance publique à 15.01 heures)
- M. le Président.** - D'Sitzung ass op.
- Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
- Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration.* - Neen, Här President.
1. Communications
- M. le Président.** - Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:
1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.
2. Les projets de loi suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre:
- 1) **5591** - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2005
- Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 22.06.2006
- 2) **5592** - Projet de loi portant approbation de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la
- promotion de la diversité des expressions culturelles, faite à Paris, le 9 décembre 2005
- Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 27.06.2006
3. Par lettre du 22 juin 2006, le Secrétaire du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 15 au 18 mai 2006:
- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la République d'Albanie sur certains aspects des services aériens,
- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et l'ancienne République yougoslave de Macédoine sur certains aspects des services aériens,
- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et l'ancienne République yougoslave de Macédoine sur certains aspects des services aériens,
- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la Roumanie sur certains aspects des services aériens,
- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la République de Moldova sur certains aspects des services aériens,
- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et le Royaume du Maroc sur certains aspects des services aériens,
- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord sous forme d'échange de lettres relatif à la prorogation du protocole fixant les possibilités de pêche et la contrepartie financière prévues dans l'accord entre la Communauté économique européenne et le gouvernement de la République démocratique de São Tomé e Príncipe concernant la pêche au large de São Tomé e Príncipe pour la période allant du 1er juin 2005 au 31 mai 2006,
- position sur la proposition de règlement du Conseil dénonçant l'accord entre la Communauté économique européenne et le gouvernement de la République populaire d'Angola sur la pêche au large de l'Angola et dérogeant aux dispositions du règlement (CE) N°2792/1999,
- résolution sur les 21^e et 22^e rapports annuels de la Commission sur le contrôle de l'application du droit communautaire,
- résolution sur la stratégie de simplification de l'environnement réglementaire,
- position sur la proposition de décision du Conseil approuvant l'adhésion de la Communauté européenne à l'acte de Genève de l'arrangement de La Haye concernant l'enregistrement international des dessins et modèles industriels, adopté à Genève le 2 juillet 1999,
- position sur la proposition de règlement du Conseil modifiant les règlements (CE) N°6/2002 et (CE) N°40/94 en vue de donner effet à l'adhésion de la Communauté européenne à l'acte de Genève de l'arrangement de La Haye concernant l'enregistrement international des dessins et modèles industriels,
- résolution sur les finances publiques dans l'Union économique et monétaire (UEM),
- position sur la proposition de décision du Conseil sur la conclusion par la Communauté européenne du traité instituant la Communauté de l'énergie,
- résolution sur le rapport annuel sur les droits de l'Homme dans le monde 2005 et la politique de l'UE à cet égard,
- résolution sur les catastrophes naturelles (incendies, sécheresse et inondations) - aspects environnementaux,
- résolution sur Taïwan.
2. Ordre du jour
- Wat eisen Ordre du jour vun haut de Mëtteg ubelaangt, ass d'Proposition vun der Presidentekonferenz op Ufro vun der Regierung offgeännert ginn. Haut de Mëtten hu mer als éischte Punkt de Projet de loi 5580 iwwert d'Ëmsetzung vun den Tripartitesbeschlëss. Duerno mécht den Här Statsminister Jean-Claude Juncker am Numm vun der Regierung eng Deklaratioun iwwert
- de Fusiounsprojet tëscht Arcelor a Mittal Steel. Uschléissend hält d'Chamber Stellung zu där Deklaratioun. An ech géif proposéieren, wat d'Dauer vun där Stellungnahm ubelaangt, Folgendes: fir d'CSV, d'LSAP an d'DP all Kéiers zéng Minutten, fir den ADR fénnef Minutten a fir den Här Jaerling dräi Minutten.
- M. François Bausch** (*DÉGRENG*). - An déi Gréng, Här President?
- M. le Président.** - An déi Gréng zéng Minutten, entschëllegt. Dir waart net iwwersi ginn, ech hat just vergiess dat ze mentionnéieren.
- Ass d'Chamber domat d'accord, dass mer déi do Riedezäite festgëluecht hunn?
- (Assentiment)
- Duerno kënn eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der DP-Fraktioun iwwert d'Prostitutioun, an uschléissend eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der CSV-Fraktioun iwwert d'Coditel. Den Ordre du jour vun haut de Mëtteg gëtt evakuéiert, och wann d'Sitzung bis no hallwer siwe muss verlängert ginn.
- Muer um hallwer dräi hu mer de Projet de loi 5356 iwwert de genesche Fangerofdrock. An dono d'Interpellatioun vun Här Niki Bettendorf iwwert d'Drogeproblematik hei zu Lëtzebuerg.
- Iwwermuer, den Donneschden um hallwer dräi, hu mer Folgendes um Ordre du jour: Fir d'éischt de Projet de loi iwwert den EU-Bäitrëtt vu Bulgarien a Rumänien, dono d'Question avec débat vun Här Patrick Santer iwwert d'Bäitrëttsverhandlung mat der Türkei an d'Interpellatioun vun Här Marco Schanck iwwert den Tourismus.
- Ass d'Chamber mat dësem modifizierten Ordre du jour fir dës Woch averstanen?
- (Interruption)
- Den Här Grethen?
- M. Henri Grethen** (*DP*). - Jo, Här President, meng Fraktioun ass contrainst et forcé mat där Modifikatioun vum Ordre du jour d'accord. Mir hätten eis just gewënscht, dass vu Regierungssäit en temps utile mir drop opmierksam gemaach gi wieren - am Chef vum Conseil d'État an och vun der Legislatioun selwer, well se muss virun engem gewëssen Datum publizéiert ginn -, a mir déi Informatiounen en temps utile kritt hätten.
- Well et ass fir eis penibel: Ech war d'accord domat, dass virun enger Woch den Ordre du jour en anere war wéi eigentlech virgesinn. Eigentlech sollt haut déi Heure d'actualité vu mengem Fraktiounskolleeg Xavier Bettel als éischte Punkt um Ordre du jour sinn. Dir verstitt aus villen Ursaachen, dass dat wéi den Ordre du jour elo ausgesäit, net méi esou - entre guillemets - „attraktiv“ ass. Mä mir sinn dann awer, compte tenu vun der Importenz vum Projet, schwéieren Härzens mat där Modifikatioun d'accord.
- M. le Président.** - Merci, Här Grethen. Soss huet keen d'Wuert gefrot?
- Da froen ech: Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour d'accord?
- (Assentiment)
- Voilà, dann ass et esou décidéiert.
- Mir kommen dann zum éischte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut de Mëtten; vun deem ëmgeännerten Ordre du jour. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Ëmsetzung vun de Beschlëss aus der Tripartite. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgëluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Thiel, den Här Meisch, den Här Fayot, den Här Bausch, den Här Gibéryen an den Här Jaer-
- ling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert.
3. 5580 - Projet de loi adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et des traitements et modifiant
1. l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;
2. la loi modifiée du 27 mai 1975 portant généralisation de l'échelle mobile des salaires et traitements;
3. la loi modifiée du 20 juin 1977 ayant pour objet:
- 1) d'instituer le contrôle médical systématique des femmes enceintes et des enfants en bas âge;
- 2) de modifier la législation existante en matière d'allocations de naissance;
4. loi modifiée du 30 avril 1980 portant création d'une allocation de maternité;
5. loi modifiée du 19 juin 1985 concernant les allocations familiales et portant création de la caisse nationale des prestations familiales;
6. la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire;
7. la loi modifiée du 1^{er} août 1988 portant création d'une allocation d'éducation;
8. la loi du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales;
9. la loi du 28 juin 2002 portant création d'un forfait d'éducation
- Rapport de la Commission des Finances et du Budget*
- M. Norbert Hauptert** (*CSV*), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, a sengem Avis vum 28. Abrëll vun dësem Joer huet de Comité de coordination tripartite festgehalen, datt eist Land sech momentan an enger Situatioun befënnt, déi een net direkt als Krisis ka bezeechnen, awer als eng Situatioun, déi eng fest entschlossenen Aktioun bedéngt, fir déi fundamental Équilibre vun eiser Wirtschaft erëm hierzestellen.
- D'Analys vun eiser Situatioun, déi d'Regierung der Tripartite virgëluecht huet, huet nämlech eng Rei vun Déséquilibren um Niveau vun den öffentliche Finanzen, vun dem Aarbechtsmaart, vun dem Wunngsmaart a vun der Inflatoun festgestallt. Déséquilibren, déi d'Entwicklungsperspektive vun eiselem Land staark hypothekéieren kennen.
- D'Situatioun ass ëmsou méi beängstegend, well eis Wirtschaft momentan eng Croissance vum PIB vun iwwer 4% opweist, wat an normalen Zäiten duergang wier, fir déi Déséquilibren ze résorbéieren.
- Wat sinn dann eigentlech d'Problemer vun eiselem Land?
- Éischstens, eis öffentlech Finanzen hu sech zënter dem Ufank vun neie Johonnert verschlechtert. Engersäits sinn d'Steiereinnahmen net am selwechte Mooss wéi de PIB gewuess, an op där anerer Säit sinn d'Dépenses gewaltig an d'Luucht gaangen, esou datt de Sold vun de Finanze vun der öffentlecher Verwaltung - dat heescht, vu Stat, Sozialversécherungen a Gemengen -, e Sold, deen 2000 an
- 476

2001 och nach e Boni vun iwwer 5% vum PIB ausgemaach huet, am Joer 2005 en Defizit vun 1,9% vum PIB verzeechent. Dësen Defizit wäicht lues vum mëttelfrstege Budgetobjektiv of, deem am Stabilitéitspakt vun der Europäescher Unioun festgeluecht ass, an deem net iwwer 1% vum PIB soll erausgoen.

En zweete Problem ass dee vun dem Chômage, dee vun 2,4% op 4,3% gewuess ass, trotzdeem datt mer nach ëmmer massiv Aarbechtsplaze schafen. Wa mer déi Leit nach derbärechnen, déi an Aarbechtsbeschäftigungsmoossenamen dra sinn, dann hu mer souguer en Taux de chômage vu 6,2%. Doduerch sinn d'Ausgabe vum Fonds pour l'Emploi vun 207 Milliounen Euro am Joer 2002 op 356 Milliounen am Joer 2005 geklommen, wat ëmmerhi 14,2 Milliarden eiser aler Frangen ausmécht, a wat eng Progressioun vun 72% entsprécht.

Den drëtten Problem ass dee vun der Inflatoun, déi sech zënter e puer Joer schonns op engem konstanten Niveau vun iwwer 2% befënnt. Dat wier a sech net esou tragesch, wann déi aner Länner vun der Eurozon, a besonnesch eis direkt Wirtschaftspartner, net vill besser géingen dostoe wéi mir selwer.

An deene leschten zéng Joer huet Lëtzebuerg vis-à-vis vun deene Länner aus der Eurozon, an esouguer vun deene Länner vun der Europazon, e Surplus un Inflatoun vu 4,3 Prozentpunkten erreicht, a vis-à-vis vun de Länner, déi direkt an eise Wirtschaftssektor erafalen, e Surplus vu 7,5 Prozentpunkten akumuléiert. Dat heescht, eis Inflatoun ass ëm 4,3% respektiv 7,2 Prozentpunkte méi schnell geklommen, wéi déi vun de Länner aus der Eurozon oder déi direkt Wirtschaftspartner, déi ëm eis sinn.

Déi Entwécklung vun der Inflatoun ass u sech un éischer Stell e Problem vun der Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie. Mä se ass awer och eng Belaaschtung fir eise Budget, wann ee bedenkt, datt eng Index-tranche den zentrale Stat 125 Milliounen kascht, an den öffentliche Verwaltung gesamt betruucht souguer eng Charge vun 180 Milliounen Euro operleet.

Trotz deene Problemer ass d'Regierung awer nach mat grousser Chantiere konfrontéiert, fir d'Modernisatioun vun eisem Land widerzeféieren an de Wirtschaftswuesstum laangfristeg ze assuréieren. Dës Chantiere leien um Plang vun der Éducatioun, vun der Kannerbetreierung, vun der Betreierung vun den eelere Leit, vun eiser Ëmweltpolitik, vun eiser Wunningspolitik, um Plang vun der Universitéit an der Fuerschung, vun eiser Suerg fir d'Ofsicherung vun eisem Sozialversécherungssystem an eisen Investissementer an nei Infrastrukturen.

Här President, all dat léisst drop schléissen, datt den Équilibre vun de Statsfinanzen net méi automatesch zustan kënnt, mä datt mer eng enegesch Aktioun mussen duerchzéien, déi en Effort an e Sacrifice vun eis alleguer ofverlaangt, fir datt mer net duerch eng iwwerhéichte Verscholdung d'Liewensqualitéit vun den nokommende Generatiounen hypothekéieren.

Dat, wat geschéie muss, huet d'Regierung a ville Verhandlungsrinnen an der Tripartite an a manche bilaterale Gespréicher mat de Sozialpartner ausgeschafft. Et muss ee sämtleche Partner vun der Tripartite fir hiert Versteesdemech zu deem Accord Merci soen, an der ganzer Regierung, a besonnesch dem Statsminister félicitéiere fir säi Geschéck, désen net einfachen Accord zustan bruecht ze hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, dee mer haut hei diskutéieren, soll eng éischt Serie vu Moosnamen vum Tripartitesaccord ëmsetzen. Zil vun deene

Moosnamen ass: Éischtens, d'Statsfinanzen an den Équilibre ze kréien, an zweetens, d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie ze assuréieren doduerch, datt mer d'Tendenz vun der Hausse vun der Inflatoun bremsen kënnen, wat engersäits een direkten Effet op d'Hausse vun de Lounkäschen am Privatsektor hätt, also d'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft géng stärken, an anerersäits awer och d'Entwécklung vun de Lounkäschen am öffentliche Dénsgsch géng bremsen an domat d'Ausgabe vum Statsbudget géng moderéieren.

Dësen éischte Pak vu Moosnamen gesäit dräi prezis Mesurë vir. Eng éischt Mesure gesäit den Aménagement vun den Indexupassungen vu Léin a Gehälter vir doduerch, datt se eng Verzögerung vun deenen nächsten Adaptatiounséchéancen, déi bis 2009 nach erfalen, virschléit. Déi zweet Moosnam, déi net zäitlech begrenz ass, gesäit d'Neutraliséierung am Index vun Taxen a Präiserhéijunge vu verschiddene Produkter an Dénsgschleeschungen vir, wann dës Taxen a Präiserhéijungen an de Schutz vun der Ëmwelt oder der öffentliche Gesondheet affektéiert ginn. Déi drëtt Mesure gesäit d'Désindexatioun vun dem Forfait d'éducation a sämtleche Prestatiounen vir, déi iwwert d'Kannergeldskeess ausbezuelt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Verzögerung vun den Adaptatiounséchéancen vum Index op d'Léin an d'Gehälter ubelaangt, esou geet d'Regierung vun der Hypothees aus, datt bis d'Joer 2009 all Joer eng Indextranche erfält, an dat esou ëm d'Halschent vun deene jeeweilege Joren. De Projet schléit dann och vir, datt déi Index-tranchen net, wéi d'Gesetz et bis elo virgesäit, am éischte Mount nom Erreeche vun der Cote d'échéance ugepasst ginn, mä datt déi vum Juli vun dësem Joer eréischt am Dezember vum Joer 2006, dat heescht vun dësem Joer, géng ugepasst ginn, déi vum Joer 2007 um 1. Januar 2008 an déi vum Joer 2008 um 1. Januar 2009.

Sollt awer den Duerchschnëttspräis vum Barrel Pétrol an der Period vum Juli 2006 bis Dezember 2007 respektiv an der Period vu Januar bis Dezember 2008 gläich oder méi héich wéi 63 Dollar sinn - haut läit en ëm déi 70 Dollar -, dann erfalen déi Indextranchen vum 1. Januar 2008 respektiv 1. Januar 2009 eréischt um 1. Mäerz vun deene jeeweilege Joren.

Den Text preziséiert, datt keng aner Indexadaptatioun duerch d'Erfale vu weidere Cote-d'échéancen am Laf vun de Joren 2006 bis 2009 kënne virgeholl ginn. Dës Präzisioun bréngt d'Privatbeamtenchamber an hirem excellenten Avis zur Konkusioun, datt, wann iergendwéi den Zoufall et wéilt, datt an engem Joer keng Cote d'échéance géng erfalen an doduerch an engem anere Joer der zwou kéimen, eng Indextranche fir d'Lounempfänger verluer goe géng. D'Privatbeamtenkummer schléit och dofir eng Textännerung vir. D'Finanzkommissioun ass awer der Meenung, datt deen Zeenario zu 99% net géng antrieden an huet den Text, deen d'Regierung proposéiert, bäibehalen.

Wat d'Neutraliséierung am Index vu verschiddenen Taxen a Präiserhéijunge vu Produkter an Dénsgschleeschungen ubelaangt, wa se der Protektioun vun der Ëmwelt an der öffentliche Gesondheet affektéiert ginn, esou gesäit de Projet eng ähnlech Prozedur vir wéi déi am Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Mesurë fir d'Erhale vun der Beschäftigung an der Kompetitivitéit, datt heescht d'Gesetz iwwert de soziale Bäitrag vun de Bensinspräisser zrëckbehal gouf.

Den Artikel 3 vun dësem Projet ergänzt den Artikel 11 vum Gesetz vum 22. Juni 1963, andeems en aus dem Index eraus déi zousätz-

lech Taxen, déi op verschidde veréissten alkoholesche Gedränkser wéi Alcopops erhuewe ginn, neutraliséiert, an zweetens de ganze Betrag vun Taxen an Assisen, TVA mat ageschloss, déi op den Tubaksprodukter erhuewe ginn, fir d'Berechnung vum Index op den Niveau vum 30. Juni vun dësem Joer afreiert. Dës Neutralisatioun soll déi Perversitéit vum System aus der Welt schafen, déi dora besteet, datt een aus Ursachen zum Schutz vun der Ëmwelt oder der Gesondheet verschidden Taxen erhéicht, fir d'Leit duerch d'Deierecht vun der Consommation vun deene Produkter ofzehalen, an anerersäits awer hire Loun iwwert den Index an d'Luucht setzt, fir an hiren Kafkraaft där Präisdeierecht Rechnung ze droen.

Wat d'Désindexatioun vu verschiddene Prestatiounen ubelaangt, esou ginn déi Zoulagen, déi vun der Kannergeldskeess ausbezuelt ginn, an de Forfait d'éducation um aktuellen Index, dat heescht um Index vu 625,16 festgeluecht. Dës Prestatiounen ware bis elo indexgebonden, de Projet schreift e feste Betrag an d'Gesetz an. Et handelt sech ëm d'Allocation de naissance, d'Allocation de maternité, d'Kannergeld, d'Zoulage fir de Schoulufank, d'Allocation d'éducation an de Forfait d'éducation. Detailler iwwert d'Héicht vun deenen Allocatiounen fannt Der am Projet, an ech géng lech d'Detailler hei a menger Ried erspueren.

Als Contrepartie trotzdeem fir dës Aboussen, besonnesch fir déi manner gutt bemëttelt Stéit, wëllt d'Regierung mat de Sozialpartner an dem Conseil économique et social e System vun engem Steierkredit studéiere loossen. Sollt esou e System bis 2008 net funktionéieren, da soll deen automateschen Indexsystem, esou wéi e bis elo bestanen huet, erëm agefouert ginn. Dëst bedéngt selbstverständlech eng Gesetzesëmännerung fir déi nei Cote d'échéance ze fixéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro, déi sech elo noutgedronge stelle muss, ass déi: Wat bréngen déi Mesurë fir de Statsbudget? Duerch d'Adaptatioun vun der Indexupassung spuer mer an dem Statsbudget vum Joer 2007 69 Milliounen Euro, am Budget vun 2008 82,4 Milliounen an am Joer 2009 68,7 Milliounen Euro. Duerch d'Désindexatioun vun de Prestatiounen spuer mer am Budget vun 2007 16,7 Milliounen Euro, am Joer 2008 32,6 Milliounen an am Joer 2009 56 Milliounen Euro.

D'Privatbeamtenchamber behaupt, datt d'Abouss vun der Adaptatioun vun der Indexupassung fir d'Lounempfänger 60% vun engem Monatsgehalt iwwert déi ganz Period 2006 bis 2009 géng ausmaachen.

Als Konkusioun kann ee festhalen, datt déi Mesuren, esou wéi se am Projet virgesi sinn, éischtens en Effort vun alle Lounempfänger ofverlaangen, egal ob se vill verdéngen oder manner. Fir de grousser Verdénger ass den Effort am absolute Wäert méi héich, fir de Klengverdénger ass de relativen Effort, dee vun him verlaangt gëtt, méi spierbar wéi dat fir de Groussverdénger de Fall ass.

Och kann ee feststellen, datt déi Stéit mat Kanner méi beträff si wéi déi ouni Kanner. Dobäi muss een awer bemerken, datt engersäits keng Familienzoulage gekierzt gëtt an anerersäits d'Famillienzoulage vun alle Prestatiounen, déi de Stat bezilt, déi sinn, déi an deene leschte Joren am héchste gestige sinn. Si sinn an deene leschte 15 Joer bis zu 260% an d'Luucht gaangen, wat bal eng Verdäifachung vum Betrag vu verschiddene Prestatiounen ausmécht.

Zweetens stellen dës Mesuren e Geste de solidaritéit vun der heiteger Generatioun géintiwuer de kommende Generatiounen duer. Mer mussen bereet sinn, e bësse méi lues ze trëppelen, fir eise Kanner hir Zukunft net duerch eng lwerscheldung vum Stat ze hypothekéieren.

Drëttens stellen dës Mesuren d'Regierung och virun e Choix de priorité. Si muss de Courage hunn iwwert dës Mesuren eraus déi lafend Ausgabe vum Stat ze kieren, fir weider an d'Zukunft vun eise Kanner kënnen ze investéieren, dat heescht, Ausgaben, déi vun dësem Projet beträff sinn, anzefréieren, an anerer och nach ze kieren, fir weider kënnen an d'Éducatioun vun eise Kanner, d'Versuergung vun eise Kanner, d'Fuerschung an esou weider kënnen ze investéieren, an domadder d'Ofsicherung vun der Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie ze garantéieren.

Véiertens droen d'Mesuren dozou bäi, fir verschidde Perversitéiten vun eise Indexupassungssystem, déi ech virdrun erkläert hunn, an un déi bis elo keen de Courage hat dru fréckelen ze goen, auszebigelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bis elo leien d'Avisë vu folgender Beruffschambere vir: d'Chambre des Employés privés - deen Avis hunn ech jo schonn ernimmt -; den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics; a geschter Owend hat ech och nach a mengem Fax en aneren, d'Deputierten hunn dat héchstwahrscheinlech nach net kritt, nämlech den Avis vun der Chambre des Métiers.

Dës Chamberen referéieren sech op den Avis vun der Tripartite, dee si och matgedroen hunn, a ginn hiren Accord zum Projet, esouwäit wéi en dësem Avis entsprécht.

De Statsrot gëtt och säin Accord zur Orientatioun vum Gesetzesprojet. Hien ass nach der Meenung, dass een d'Tubaksprodukter all aus dem Indexkuerf hätt kënnen eraushuelen, an dat am Hibleck op de Projet de loi, dee mer nach virun der Vakanz sollen hei stëmmen. De Statsrot mécht eng Rei vu Virschléi vun textlechen Ëmännerungen, déi d'Kommissioun no Récksprouch mat de Regierungsvertreeder ugeholl huet.

D'Kommissioun huet de Projet an den Avis a senger Sëtzung vum 22. Juni analyséiert. D'Diskussiounen an der Kommissioun hunn iwwert de Geescht vun dem Accord tripartite, wat den Abandon vun zousätzlechen Indextranchen an der Period 2006 bis 2009, déi net am Projet virgesi sinn, gefouert. D'Diskussiounen sinn och op de legislative Wee agaangen, wéi een nees zum jëtzege System no 2009 kann erëmfannen.

D'Kommissioun huet d'Fro och opgeworf, wat d'Auswierkunge vun der Direktiv iwwert de Subventionnement vun de Kläranlagen op de Waasserpräis an domat och op den Index kënnte sinn.

D'Regierungsmitgliedern hunn och preziséiert, datt déi geplangten Erhéijung vun der TVA op verschidde Prestatiounen vum 2 op 15% am Index net neutraliséiert wäert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun huet majoritär de Rapport a senger Sëtzung vum 22. Juni ugeholl a schléit der Chamber vir, de Projet de loi esou ze stëmmen, wéi en an dësem Rapport unhängt.

Ech soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den éischte Riedner, den honorabelen Här Lucien Thiel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Thiel (CSV). - Merci, Här President. Fir d'éischt e ganz décke Merci un de Rapporteur fir seng schrëftlech a fir seng mündlech Explikatiounen, déi eis elo gehollef hunn, datt mer komplett am Bild sinn iwwert dat Gesetz, wat mer elo solle stëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, et ass duergaangen, datt eis Banken e klengen Schnapp kritt hunn, a scho si mir eis bewosst ginn, wéi quokeleg eis Situatioun ass. Wéi d'Boursen nom Boom vun 2000 ageknéckt sinn an d'Kommissiounen, déi eis Banke vun hire Clientë kasséiert hunn, vun engem Joer op dat anert ëm 12% zrëckgaange sinn, si mir op en Neits gewuer ginn, wat mir un där Finanzplatz hunn. Well hir Resultater méi schlecht gi waren, hunn d'Banke bis en Drëttel manner Steiere bezuelt, wat awer weinst den zäitlech versaten Ofrechnungen eréischt d'lescht Joer voll op de Budget duerchgeschloen huet.

Op eemol stoung eis Regierung, déi dat Wuert Budgetsdefizit nëmmen aus der Zeitung a bei anere kannst huet, virun engem Lach an hire Konten. A scho ware mir eis Renommée als europäesche Masterschüler a Saache Statsfinanze lass.

Esou muncher een ass sech dunn eréischt bewosst ginn, wéi zerbréchlech dat ekonomesch Fëllement ass, op deem mir eise vum Ausland bewonnerten an heiansdo och beneite Wuelstand opgebaut hunn. Well esou wéi mir während engem gudden Johonnert eise Rächtum enger eenzeger Industrie, nämlech dem Stol, verdankt hunn, hängkt haut eise Wuelstand gréisstendeels vum Finanzsektor of.

Et ass net onbedéngt e gutt Gefill, wann ee weess, datt een engem eenzege Sektour ausgeliewert ass, zumol wann d'Acteure vun deem Sektour bis op e puer wéineg Ausnahmen aus dem Ausland ferngesteiert ginn, a mir Lëtzebuerger do net vill ze mellen hunn. A wann ee sech dann och nach virstellt, wat ufanks den 80er Joren, wéi eis Stolindustrie um Bord vun der Faillite stoung, mat dësem Land hätt passéiere kënnen, wann net deemools d'Banken do gewiescht wieren, fir eise Budget iwwer Waasser ze halen, da kënnen engem schonn d'Dronkenellen ausgoen. Mir si vun engem Monolithismus an deen anere gerutscht an hunn et bis elo net fäerdeg bruecht, trotz allen Diversifizierungsversich an trotz e puer zolitter Réussiten - zum Beispill am e-Commerce -, eis aus der Ofhängegkeet erauszestruewelen.

Och nach haut mussen mir eis ageston, datt eist Wuesstent mat senger 4 bis 5% net esou schlecht ass, mä awer gutt zur Halschent de Banken an hire Satelliten ze verdanken ass.

Mä et ass net direkt déi Ofhängegkeet vun engem eenzelne Wirtschaftssektor, déi eis Statsfinanzen an d'Labrente bruecht huet. Déi Ofhängegkeet erkläert wuel zum Deel, firwat d'Situatioun op eemol esou ëmschloe konnt, mä si ass net d'Ursach derfir.

Et stëmmt, datt d'Banken haut e bësse manner Steiere bezuelen, well de Mammenhaier hiren „tax planning“ nach méi sophistiquéiert ginn ass a si d'Steierkonkurrenz tëscht den internationale Finanzplazen ëmmer méi clever fir sech ausnotzen. Mä et steet och fest, datt sech d'Resultater vun de Banken net an deemselwechte Mooss no ënnen entwéckelt hunn, wéi dat fir eis Statsfinanzen de Fall ass. Wourausser ee schléissen därerf oder schléisse misst, datt eise Budgetsproblem anzwoosch anescht leie muss wéi bei de Recetten.

Et ass dann och méi wéi d'äitlech ginn, wéi sech bei der Opstellung vum Budget fir dëst Joer dunn erausgestallt huet, datt d'Statsrecettë wuel ëm 6% - nach ëmmer

6%! - klamme géingen, datt awer op d'ar anerer Säit dem Stat seng Dépensé wesentlech méi séier, nämlech ëm bal 9% an d'Luucht géingen. Spéitstens du sinn d'Warnluuchten ugaangen, a mir hunn eis agestoe missen, datt mir als Land ganz einfach iwwert eis Moyenë liewe géifen.

Dat ass gewëss nach keng Katastrof, well dank enger bis dohi virsichteger Budgetspolitik an dank de Reserven, déi an de gudde Joren opgekéipt gi waren, ass eis Regierung an der Lag, weiderhi kräfteg, wann och e bësse méi selektiv an den Ausbau vun eisen Infrastrukturen ze investéieren, amplatze elo op eemol alles stoppen ze missen.

Zwar léisst déi Bréisseler Kommissioun déi Aart vu Berechnung net gëllen. Fir si zielt nëmmen, wat een an engem an deemselwechte Joer erakritt an ausgëtt. Mä wa mir dee Reservecousin net hätten, da misste mir elo voll op d'Brems trieden, mat allem, wat dat fir eis Bannewirtschaft a fir d'Beschäftegung an dësem Land bedeite géif.

Nu weess awer all klengt Kand, datt ee sech der Decken no muss strecken an datt een net méi kann ausginn, wéi een erakritt. Wuel kann et emol virkommen, datt ee vorübergehend an d'Enk geréit an ee sech dann nëmmen iwwer Waasser hale kann, andeems ee sech verschëllt. Mä dat därerf net zum Dauerzoustand ginn!

Et kann ee gewëss esou wäit goen, datt een a bestëmmte Beräicher mat Laangzäiteffekt, wéi bei der Finanzéierung vun de Pensiounen oder och bei groussen Infrastrukturearbechten e Genre Generationskontrakt mécht, an en Deel vun der Finanzéierung un déi weiderrecht, déi duerno kommen, well déi jo och dovun profitéiere wäerten. Mä dat därerf kengesfalls esou ausaarten, datt den Équiliber tëscht Dépensen a Recetten nohaleg gestéiert a sech monter verschëllt gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dat Lach, wat mir elo an eise Budget hunn, ass eendeiteg d'Resultat vun engem strukturellen Déséquilibre. Mä Virriedner huet drop higewisen. Dem Stat seng Recettë klamme wuel nach weider, awer net séier genuch fir sengen Dépensen nozekommen.

Also bleift him soss näischt iwweg, wéi d'Dépensen, op d'mannst där hir Progressioun, ze bremsen a se erëm an Aklang mat de Recetten ze bréngen. Dat huet d'Regierung erkannt an duerfir huet si sech zum Zil gesat, fir bis 2009, wann dës Legislatur zu Enn geet, de Budget erëm an den Équiliber ze bréngen.

Natierlech heescht dat, datt elo e bëssen iwwerall gespuert muss ginn. Allerdéngs net queesch duerch de Gaart, well och weiderhi politesch Akzenter a Prioritéite gesat mussen ginn, mä awer och net esou, datt déi eng misste bludden an déi aner net. A well dat politesch net esou einfach duerchzeien ass, huet de gudden ale Lëtzebuerger Modell alt erëm missen hierhalen.

D'Tripartite, déi vum Kriseninstrument ufanks den 80er Joren zu engem Allheilmittel fir all méigleche ekonomesch Adversitéite ginn ass - sou zu engem Genre Aspro fir Wirtschaftsboboe jiddfer Aart -, ass erëm zesummegetrommelt ginn a si huet sech misse mat där neier Realitéit ausernee setzen.

Datt d'Meenungen iwwert de Sënn an d'Roll vun der Tripartite ausernee ginn, ass kee Geheimnis. Bessnesch an dësem Haus gëtt den Dräierveräin aus Regierung, Patronat a Gewerkschaften alt mol schif bekuckt, well hien als e Genre Konkurrenz zum Parlament gesi gëtt, deen en plus kaum eng konstitutionnell Legitimation huet an trotzdeem Décisiounen virformt, déi d'Chamber, déi mir dann telles quelles ofseene mussen.

Déi Diskussioun iwwert d'Berechtigung an iwwert d'Kompetenz vun der Tripartite ass net nei a si wäert eis och an der Zukunft ëmmer erëm beschäftegen. Mä egal wéi een zur Tripartite steet, et muss een dach awer soen, datt se dës Kéier, wou et drëm goug e ganze Sak voll Afferen ënnert d'Leit ze verdeelen, nawell ganz nätzlech war.

n M. John Castegnaro (LSAP).- Très bien.

M. Lucien Thiel (CSV).- Och eiser Chamber, Här Castegnaro, huet se d'Saach méi lichter gemaach. Et bleift eis nämlech elo erspuert, datt mir eis géigesäiteg d'Käpp aschloen, well déi sou genannt Forces vives de la nation, zu deene mir heibannen offensichtlech awer net gehéieren, datt scho virop ënnert sech erleedegt hunn. An e puer Marathonsätzungen huet d'Tripartite sech zu engem Aktionsplang duerschgerongen, deen d'Regierung hir virformuléiert hat.

Am grouse Ganze geet et dorëm éischters d'Statsfinanzen erëm an den Équiliber ze bréngen, zweetens de Chômage an de Grëff ze kréien, drëttens de Wunnengsmaart vu sengem iwwerhéichte Präisniveau erföhuelen a véiertens d'Inflatioun erëm op e rasonablen Niveau ze drécken, fir datt eiser Wirtschaft hir Kompetitivitéit erhalte bleift. Dat sinn déi deklaréiert Ziler; dat, wat mir erreeche wëllen, well mir et erreeche mussen.

Bleift awer elo d'Fro, wéi mir dohinne kommen. Laut der Regierung hirem Aktionsplang, dee si mat de Sozialpartner an der Tripartite ausgehandelt huet, sollen déi Ziler mat Hëllef vun engem ganze Pak vu Mesuren a Reformen erreecht ginn, déi sech graff op eng hallef Dose Kapitele verdeele loosse.

Éischt Kapitel. Duerch eng Modulatioun vum Index an deene véier Joer bis 2009 soll d'Dépenséprogressioun vum Stat an domat och d'Inflatioun gebremst ginn, wat net fir d'lescht och der Kompetitivitéit vun eiser Economie zugutt kënnt.

Zweet Kapitel. Den Aarbechtsmaart soll duerch eng Reform vum Chômagegesetz duerch méi ofgeséichert Aarbechtsplazen an duerch eng Vereinfachung vun der Iwwerstonnereregulierung erëm an d'Lout bruecht ginn; dat Ganzt ënnerstëtzt vun enger Augmentatioun vun der Solidaritéitssteuer.

Drëtt Kapitel. Eng Rei vu Mesurë sollen hëllef d'Wunnengen hei zu Lëtzebuerg abordabel ze maachen, notament duerch e cibléiert Awierken op d'Terrainspräisser.

Véiert Kapitel. Beim Energieverbrauch gi mer ugehalen, méi spuersam ze ginn, an iwwert de Wee vu méi héijen Autossteiere soll een Deel vun deene Suen erakommen, déi mir brauchen, fir eisen nawell net ganz bëllege Kyotosobligatiounen nozekommen.

Fënneft Kapitel. De Käschtepunkt vun der sozialer Ofsécherung soll duerch eng Rei vun Aménagementen, notament beim Enregistrement, gedréckt ginn, ouni datt dofir de Leeschtungsniveau ofhëlt, derbanst d'Cotisation fir d'Assurance dépendance ugehewe gëtt. Parallell dozou ginn den Aarbechter an den Employésregime an engem eenzege Statut verschmolzt.

An da schliesslech sechst Kapitel. Nieft den Indexmesurë sollen eng Rëtsch Moossnamen am Wirtschaftsbereich ergraff ginn, fir eiser Economie zousätzlechen Opdriff ze ginn. Virun allem an de Beräich vun der Fuerschung an der Innovatioun, deem sech jo elo nei Perspektive mat eiser Uni opgedoen hunn, soll méi investéiert ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, datt fir d'Regierung deen éischte vun dëse sechs Punkten, nämlech de Réaménagement vum

Index, d'absolut Prioritéit huet, läit op der Hand.

Engersäits bréngt déi Mesure déi séierste Resultater, well si direkt wierkt, an anerersäits ass d'Adoptioun vum Gesetzprojet iwwert d'Indexmodulatioun schonn eleng dofir esou dréngend, well normalerweis den nächste Mount, dat heescht am Juli, eng Indextranche fälleg gewiescht wär.

Den Text vum Projet gesäit dräi verschidde Mesurë vir:

Éischters, amplatze automatesch soll vun elo un den Index nëmme méi no engem feste Kalenner fonctionnéieren. Dat heescht, d'Tranche sollen no engem feste Kalenner erfalen, egal wéi d'Deirecht sech entwéckelt. Déi éischt Tranche - Dir hutt et elo grad vum Rapporteur héieren - gëtt et am Dezember dëst Joer an net am Juli, déi zweet am Januar oder eréischt am Mäerz 2008, wann den Uelechpräis weiderhin esou héich bleift, an déi lescht Tranche vun dëser Legislatur dann am Januar oder erëm am Mäerz 2009.

Dann d'Augmentatiounen vun den Taxen am Sozialberäich, mä net nëmmen do, och bei deene berühmten Alcopops a beim Tubak, ginn neutraliséiert, dat heescht, si wierke sech net méi dreiwend op den Index aus.

An da fir d'lescht d'Kannergeld, d'Aschoulungszoulag, d'Mammement an de Forfait fir den Elterenurlaub ginn net méi indexéiert, mä am Gesetz agefruert. Eng Mesure, déi op d'mannst esou laang dauert, bis mer kloer gesinn, ob bis Enn vun leschte Joer e Konzept fir - elo hätt ech bal gesot d'Negativsteuer - e Steuerkredit fonnt ka ginn. Wann dat net de Fall ass, da soll duerno d'Indexéierung erëm op deenen Elementer spillen.

De Berechnunge vun der Regierung no bréngen déi Mesuren Erspuernisser, an zwar Erspuernisser, déi net vun der Hand ze weise sinn: 76 Milliounen am nächste Joer, 115 Milliounen am Joer 2008 a souguer 125 Milliounen am Joer 2009. An dat ass nëmmen dat, wat de Stat spuert. Dierneft ginn an der Privatwirtschaft duerch déi décaléiert Indextranchen d'Lounkäschten ëm en hallwe Prozent pro Joer erof, derbanst d'Inflatioun ëm 0,1 Prozentpunkten am Joer ofgebremst gëtt.

Alles an allem also léisst sech d'Resultat vun deene Mesuren, déi dëst Gesetz virgesäit, weisen. Zwar si mir domat nach laang net aus dem Schneider, well den Defizit, deen eis an d'Haus stoe géif, wa mir näischt maache géifen, läit bei plus au moins 1,2 Milliarden pro Joer. Mä dat ass op d'mannst en Ufank, deem jo nach eng ganz Rëtsch vu weidere Mesurë follege sollen, sou datt et net illusoresch ass, fir bis 2009 mat engem Retour zum Budgetséquiliber ze rechnen.

Allerdéngs därfe mer dobäi net vergiessen, datt et net nëmmen e Lach ze stoppe gëtt, mä datt mir weiderhin um Ausbau vun eisem wirtschaftlechen a sozialen Ëmfeld schaffen mussen.

Dat heescht, mir mussen Schrëtt hale mat där ëmmer méi schaarer Steuerkonkurrenz um internationale Plang.

Mir mussen gehéiereng an eppes investéieren, wat mir bis elo allze vill vernoléisseg hunn, nämlech d'Fuerschung, ouni déi et ëmmer méi schwéier gëtt an der internationaler Kompetitioun matzehalen.

Mir müssen an d'Qualifizéierung vun eiser Aarbechtskraaft investéieren, fir där Inadéquation bäizekommen, déi eis 10.000 Chômeuren abréngt, derbanst mir 130.000 Frontalierë ruffe mussen, fir eis ze hëllef eis Aarbecht ze maachen.

A mir müssen dem Ëmstand Rechnung droen, datt haut an der Regel déi zwee Elterendeeler schaffen ginn an datt dofir ugemiesse Betreuungstrukture fir d'Kanner geschaf a bezuelt mussen ginn.

Mir müssen nach esou villes, wa mir eist Land um leschte Stand vum Fortschritt halen an optimal fir seng Zukunft preparéiere wëllen. Dat alles kascht och Suen - Suen, déi mir allerdéngs fir d'éischt mussen verdéngen, ier mir se kënnen ewechginn. An dat geet nëmme mat enger Economie, déi kompetitiv ass a voll dréint.

Här President, dat Gesetz, dat mir haut stëmme sollen, huet fir Lëtzebuerger Verhältnisse en historisches Charakter. Mir woen eis hei un eppes erun, wat bis elo de Status vun enger hellegger Kou hat, nämlech un d'automatesch Indexéierung, op Lëtzebuergesch kuerz an einfach den Index genannt.

Et ass wuel net fir d'éischt, datt un deem Index geschnëppelt gëtt, dee säit iwwer 30 Joer als allgemenge Regel bei eis gëllt, derbanst et en am Ausland net oder net méi gëtt. Mä dës Kéier geet et un d'Wuerzel vum Index, well seng Automatik - einstweilen emol provisorisch - ausgeschalt an duerch voluntaristesche festgesaten Echancen ersat gëtt.

Domat si mir wuel nach wäit ewech vum Patronat senger Fuerderung, den Index dach einfach ofzeschaffen. Mä ëmmerhin ass et en déiwen Aschnëtt an de Prinzip selwer vun der automatescher Upassung.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Den Index huet an der Vergaangenheet bei eis ëmmer erëm fir politisches Zëndstoff gesuergt, huet Gesichter gespléckt a Wahle matentscheet. Et ass nach guer net esou laang hier, do konnt kaum een hei am Land sech virstellen, datt den Index eng Kéier ausgeklénkt géif ginn. Dat weist zweeërlee. Engersäits weist et, wéi déif deen Automatismus sech an eise Käpp festgesat huet, an op där anerer Säit awer och, wéi eescht d'Situation muss sinn, well mir eis elo esouguer un dat Allerhellegst woen.

Et wäert och net ouni Konsequenze bleiwen. Wann d'Kafkraaft net méi automatesch iwwert den Index erhalte gëtt, da riskéiert de Sozialklima méi rau ze ginn. Do, wou et Kollektivvertrag gëtt, wäert probéiert ginn de Kafkraaftverloscht duerch d'Inflatioun via Lounaugmentatioun auszegläichen an derneft natierlech och nach real Augmentatiounen erauszuschloen. An do, wou et keng Kollektivvertrag gëtt, wäert den Drock wuessen, der anzeféieren, wann den Index net méi do ass, fir d'Kafkraaft op mannst ze erhalen.

Et wäert sech awer och weisen, ob trotz ausgeklénktem Index de soziale Fridde weiderhin erhalte bleift an ob dat ëmmer erëm ugeféiert Argument, ouni den Index géing et bei eis drënner an driwwer an net méi esou roueg oflafen, an wéi lech esou vill weilt. Genau wéi et sech weise wäert, ob den Index en Inflatiounsbeschleiner ass, duerch säi „self-feeding“-Effekt, wéi ëmmer erëm vu senger Géigner behaupt gëtt.

Op alle Fall ass déi duerch d'Ëmstänn erbäigezwongen Indexmodifikatioun eng gutt Geleeënheet, fir déi Säit vun alle Pro- a Contrabaaptungen, den Impakt vum Index an der Praxis ze observéieren an en dann op säi wierkleche Wäert ze jugéieren.

Déi Indexanalys gëtt awer och dofir interessant, well mer domat an e Beräich virstoussen, deen iwwert de Kader vum Index selwer erausgeet an déif an d'Lëtzebuerger Mentalitéit eragräift. Den Index ass nämlech och den Ausdruck vun engem typesch Lëtzebuerger Phänomeen, deen och nach iwwert de Kafkraaftausgläich eraus spillt; ech

mengen eise Penchant allgemeng fir Automatismen. Déi Virleift hânt wahrscheinlech domat zesummen, datt et eis scho méi laang gutt geet, besser op alle Fall wéi eisen Noperen. Deen Ëmstand huet mat sech bruecht, datt nieft dem Index och nach aner automatesch Akommesprogressiounen agefuert goufen, déi sech dann als Annuitäten, Biennalen oder automatesch Avancementer an eise Paien auswirken.

Dat huet bestëmmt säi Gutts, well et bréngt eng gewësse Kontinuität an d'Evolution vun enger Berufs-carrière. Op där anerer Säit huet et allerdéngs dee Schéinheitsfeeler, datt d'Wirtschaft sech net no deem Rhythmus riicht an net onbedéngt regelméisseg a scho guer net automatesch wiisst.

Domadder hätte mer dann awer e Knuet. Deen huet eis Gott sei Dank an der Vergaangenheet net ze vill ze schaf gemaach, well et méi oder manner kontinuéierlech de Bierg erop goug mat eiser Economie.

Dat kéint sech allerdéngs och emol änneren. An dann hätte mir e seriöse Problem, well mir mat all eisen Automatismen déi néideg Flexibilität verléiert a verluer hunn.

Dat hei soll eis d'Geleeënheet ginn, och emol doriwwer nozedenken. Gewëss dofir, mä virun allem, well eis Regierung de Courage opbruecht huet, sech mat dësem Gesetz un en heikle Sujet ze woen, fir erëm de finanziellen Équiliber hierstellen, deen et eis erlabe soll, eise Kanner eng Kéier dëst Land an engem gudden, gesonden Zoustand ze hannerloossen, wäert d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Meisch. Dir hutt d'Wuert, Här Meisch.

M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, erlaabt mer fir d'allerdéisch dem honorable Rapporteur, dem Norbert Hauptert, ze félicitéieren fir säi schrëftleche Rapport, awer och fir säin explizite mëndleche Rapport. Dat erspuert eis, mengen ech, als Riedner, nach am Detail op déi eenzel Dispositionen vun dësem Projet de loi anzegoen. Awer och mäin direkte Virriedner, de Lucien Thiel, huet eppes gesot, nämlech datt dëse Projet en historisches Charakter huet.

Ech kann deem nëmme bäiflichten, well och mir als Demokratesch Partei sinn der Meenung, datt de 27. Juni 2006 an déi politesch Geschicht hei am Land wäert agoen. Et ass nämlech deen Dag, wou virun allem d'Sozialisten hir eege Geschicht iwwer Bord geheit wäerten hunn. Et ass deen Dag, ab deem kee Sozialist méi dat Wuert Index mat Manipulatioun an de Mond wäert huelen. Et ass deen Dag, dee weist, datt een en Index ni besser ka moduléieren wéi dann, wann d'Sozialisten an der Regierung sinn.

Une voix.- Très bien.

M. Claude Meisch (DP).- De Slogan „Fangeren ewech vum Index“ ass Vergaangenheet. En ass souguer Vergaangenheet fir esou munchen ale Kämpfer an der Gewerkschaft, déi also...

(Interruption)

Oh, Här Di Bartolomeo, Dir wësst horgenee, wat mir wollten.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

...déi also, déi de 27. Mäerz 1982...

(Interruptions)

M. le Président.- E bësse Rou, wann ech gelift!

■ **M. Claude Meisch** (DP).- Merci, Här President!

■ **M. le Président**.- De Riedner huet d'Wuert. An och d'Regierung soll sech roueg verhalten!

(*Hilarité*)

■ **M. Claude Meisch** (DP).- Gutt, Här President.

...mat 40.000 anere Manifestante géint eng Indexmanipulation protestéiert hunn, déi stëmmen haut e Gesetz mat, dat vill méi staark an déi automatesch Lounindexéierung aschneit wéi et virdu jee geplangt war. Deemools war e Maximum vu véier Indextranché fir 1983 an 1984 geplangt; haut geet et souguer drëms, fir net emol eng Tranche pro Joer erfalen ze loos-sen.

D'Initiativ kënn vum deenen, déi deemools un der Spëtzt vum Protest stoungen. De sozialisteschen Tiger huet - an dat géllt och, wat den Index ubelaangt - seng Zänn verluer, dont acte.

D'Diskussion ëm den Index kann also ab haut méi sachlech gefouert ginn, well virun allem d'Sozialisten hir Positioun vun deemools opginn hunn.

D'Demokratesch Partei wëllt um Prinzip vum Index festhalen, och wann een natierlech haut an engem neien Ëmfeld muss d'Ausrichtung nach emol genue analyséieren.

Firwat brauche mer hei zu Lëtzebuerg den Index? Mir hunn eng Inflation, déi héich ass, déi mat Sécherheet net ze vergläichen ass mat deem, wat mer schonn zu aneren Zäite kannt hunn, mä awer d'Liewenshaltungskäschte gi steteg an d'Luucht, a virun allem déi Leit, déi e gudden Deel vum hirem Verdéngscht fir de Konsum mus-sen opbréngen, mierken dat besonnesch vill méi wéi nach sou munch aneren.

Fir d'Kafkraaft vu jidderengem hei am Land ze erhalen ass den Index en Instrument, dat an der Vergaangenheet mat Sécherheet dat Richteg war an et erméiglecht och enger ganzer Rei vu Leit hei am Land, fir den eegene Liewensënnerhalt kënnen ze suergen, dat duerch hir eegen Aarbecht. An - et ass och scho gesot ginn - et dréit zum Zesammenhalt an eisem Land mat bái.

A puncto Kompetitivitéit huet den Index mat Sécherheet och net nëmmen negativ Répercussionen. Nämlech huet och den Indexsystem an der Vergaangenheet derzou gefouert, dass eng ganz Rei vu Betriber ëmmer erëm sech hu misse selwer a Fro stellen, ëmmer erëm hu misse rationaliséieren, ëmmer erëm hu misse kucken, fir d'Produktivitéit ze steigern, an et ass och een Element, firwat mer haut eng performant Economie hunn, och wann op där anerer Säit natierlech dat oft zu Laaschte vum Aarbechtsmaart gaangen ass.

Laang Zäit konnt eis Economie den Index verkraften. Et huet ee gesinn, dass d'Lounkäschten net méi schnell gewuess si wéi a Länner ouni automatesch Indexéierung, an e grouse Plus war de soziale Frid-den.

Déi méi héich Inflation zu Lëtzebuerg, déi mer awer haut kennen, wéi am noen an och am manner noen Ausland, dréit dann awer derzou bái, dass duerch den Index d'Kompetitivitéit lues a lues a Fro gestallt ass. De Rapporteur huet et zitéiert, am Laf vun deene leschten zéng Joer hate mer eng Inflations-entwécklung hei am Land, déi wäit iwwert dat erausgaangen ass, wéi zum Beispill an deenen aneren Euro-Länner. An der Moyenne louche mer do ëm 4,3 Prozentpunkte méi héich. A wa mer elo just déi véier Haapthandelspartner vu Lëtzebuerg considéieren, da louche mer souguer bei der Inflation ëm 7,2 Punkte méi héich. Wéi gesot, déi véier aner Haapthandelspartner vum Grand-Duché.

Dat féiert derzou, dass dann duerch déi automatesch Lounindexéierung d'Produktionskäschten hei am Land méi schnell gewuess si wéi am Ausland, also e Kompetitivitéitsverloscht par rapport zum Ausland, also Aarbechtsplazen, déi a Gefor gerode sinn.

Virun allem spiere mer et haut daitlech méi, an eis Betriber spieren déi Entwécklung do haut daitlech méi wéi nach virum Euro, well een do nach eng Rei vu Verschiebungen ëmmer och konnt opfänken, duerch Upassungen tëschent deenen eenzelne Währungen, mä haut, wa mer d'Eurozon kucken, wa mer eis Haapthandelspartner kucken, do hu mer déiselwecht Währung, a mer kënnen och duerch Ofwärtungstendenzen d'Kompetitivitéit net fir den Export verbesseren.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Lëtzebuerg sëtzt also an enger Zwéckmillchen: Op där enger Säit en Index, dee mer brauchen, fir dass jiddferen hei am Land säi Liewe ka féiere mat deiere Liewenskäschten; an op där anerer Säit awer en Index, deen zum Deel op d'mannst derzou bäidréit, dass mer e Stéck vun deem Aascht ofseeën, wou mer alleguerten drop sëtzen, an nämlech eis Performance an der Economie a Gefor bréngen.

Der Demokratescher Partei no kann de Loun awer net dat Element sinn, wou mer d'Kompetitivitéit, a wou mer d'Konkurrenz mam Ausland - sief et mam noen oder mam wäiten Ausland - probéieren auszedroen. Et kann net esou sinn, dass mer probéiere mat Osteuropa grad op deem dote Feld kënnen matzehalen. Et kann och net esou sinn, dass mer mat Länner wéi Indien oder China elo probéieren um Niveau vum Loun kënnen konkurrenzfäeg ze bleiwen. Do géinge mer alleguerten hei am Land verléieren, an eist Land wier mat Sécherheet herno en anert. Lëtzebuerg ass en Héichlounland, a Lëtzebuerg muss och en Héichlounland bleiwen, fir dass mer eis alles dat, wat mer zesummen opgebaut hunn am Laf vun deene leschte Jorzéngten, och weiderhi kënnen erhalen an erméiglechen.

Wa mer also net um Loun wëllen d'Konkurrenz spille loos-sen, da musse mer op deenen anere Facteuren alleguerte besser sinn. Wat fir eng Facteure kënnen dat sinn?

Mer müssen, a mer brauchen niddreg Steiere par rapport och zu eisen Haaptkonkurrenten: Mer brauche Soziallaaschten, déi Aarbecht erméiglechen, an net d'Aarbecht ze deier maachen. Mir brauchen administrativ Hürden, déi net ze héich sinn, wou d'Betriber kënnen, wa se wëllen innovéieren, dat och erlaabt kréien. Mer brauchen niddreg Energiepräisser. Mer brauche performant Kommunikationsréseauen. Mer brauche schnell politesch Décisionen, och fir Opportunitéite emol eng Kéier schnell kënnen ze realiséieren. Mer brauche vläicht aner Öffnungszäiten am Handel. A vläicht brauche mer och méi flexibel Joresaarbechtszäiten an der Produktioun.

Da brénge mer et fäerdeg fir kompetitiv ze bleiwen, awer gläichzäitig och héich Léin hei zu Lëtzebuerg kënnen ze erwirtschaften, an dono de Leit kënnen ze bezuelen.

D'Demokratesch Partei stëmmt dësem Projet de loi zou, well mer gesinn, dass mer op Grond vun deem Déséquilibre am Statsbudget Handlungsbedarf hunn. Ech wëll net nach emol drop zrëckkommen, wéi deen Déséquilibre sech zesummesetzt, wéi en ze erklären ass, wéi iwwerraschend en d'ailleurs och komm ass. Do géif et munches derzou ze soe ginn, mä dat hu mer am Laf vun deene leschten Debatten hei ugefouert. Mir wäerte mat Sécherheet och nach am Laf vun deenen nächste Budgetdebatten dorobber zrëckkommen.

Mä mat dësem Schrëtt kréie mer e Stéckelche méi Sputt am Statsbudget, an et hëlleft awer och ganz besonnesch de Betriber am Land, fir mam Ausland kënnen Schratt ze halen. An et erméiglecht eigentlech - an dat ass eng Hoffnung, déi mer awer och an dëse Schratt setzen - eng sachlech Diskussion iwwer eisen Indexsystem. D'Demokratesch Partei ass bereet, zesumme mat de Sozialpartner esou eng Diskussion iwwer eng Neiausrichtung vum Indexsystem ze féieren. Net - wuelverstanen - fir den Index ze zerschloen, mä fir en un déi nei Gegebenheete kënnen unzepas-sen.

Eiser Meenung no muss d'Inflation net deen eenzege Kritär sinn, dee considéiert gëtt, wéini an ob eng Indextranche erfällt. Et kéint ee sech virstellen, dass och nach d'Produktivitéitsentwécklung géng eng Roll spillen. Et kéint ee sech och virstellen, dass och Lounstéckkäschte géngen eng Roll spillen. Et kéint ee sech virstellen, dass au cas par cas Joer fir Joer géng gekuckt ginn tëschent Regierung, tëschent Patronat, tëschent Gewerkschaften en Accord doriwwer ze fannen, awéiwäit dann d'Inflation mat an d'Indexberechnung erafléisst. E Modell eigentlech, deen och net nei ass, deen eis belsch Noperen hunn, an deen eis vläicht e Wee aus där Zwéckmillchen eraus kéint weisen.

Mir hunn also eng historesch Chance, fir den Indexsystem am Konsens ze reforméieren an do-duercher ze erhalen. All relevant politesch Kräften oder déi meeschte politesch Kräften hei am Land gesinn dass esou. An och mir als Demokratesch Partei, als déi gréissten Oppositionspartei, wäerten eis, wéi gesot, där doter Diskussion net verschléissen, a weisen eng responsabel Haltung an der Opposition. Mir wäerten net d'Leit op d'Strooss driewen, mä mir versichen hei am Parlament eng sachlech Diskussion zu deem doten Thema ze kréien. A mir hunn op jidde Fall de Courage, fir och dat doten Thema op den Dësch ze huelen; och wann et vun engem vu meng Virriedner als eng vun den „hellege Kéi“ hei zu Lëtzebuerg betitelt ginn ass.

Mir hunn awer d'Impressioun, dass d'Regierung de ganze Courage net opbréngt, fir sachlech an dann och bis an déi lescht Konsequenz iwwert dass doten Thema ze diskutéieren. Well firwat gëtt eigentlech gewaart bis 2009, wou dann, fir mëttel- a laangfristeg och kënnen den Index ze orientéieren, déi Diskussion eréischt no deenen nächste Chamberwahle soll gefouert ginn?

Wa mer haut e Problem hunn, da si mer der Meenung, dass mer haut sollen doriwwer diskutéieren, an dass mer haut och sollen Diskussionen doriwwer kënnen féieren, an decidéieren, amplaz dass mer kucke just bis 2009, op där enger Säit vläicht de Statsbudget an den Équiliber ze kréien, op där anerer Säit eppes géint d'Inflation ze maachen. Zweek Ziler, déi jo zu den erkläerten Ziler vun dësem Gesetz gehéieren - mä déi mer awer gläichzäitig - wat och elo schonn d'Banque centrale seet - riskéieren net ze errechen, well sämtlech Mesuren, déi den 2. Mee hei vum Premierminister ugekënnegt gi sinn, laut der Banque centrale, net dozou wäerte féieren, dass de Statsbudget bis 2009 am Équiliber ass, an och den Impact op d'Inflation eigentlech nëmmen als ganz minim bechiffert ginn ass, nämlech bei 0,1%, also en Zéngtel Prozentpunkt manner Inflation duerch déi Mesuren, déi do geholl wäerte ginn.

Mir mierken do e bëssen, dass d'Regierung net de ganze Courage huet. Et grenzt eigentlech un Aarbechtsverweigerung vun der Re-

gierung, wa mer e Problem hunn, ze soen: Fundamental diskutéiere mer eréischt no der nächste Chamberwahl iwwert deen dote Problem. Haut hätte mer eng historesch Chance vläicht a Rou dat Thema kënnen ze diskutéieren an ze decidéieren.

Wie weess, ob mer nom nächste Wahlkampf 2009 - wou jo elo schonn deen een oder deen aneren, ech mengen, et war den LCGB, gesot huet, dass dat en Indexwahlkampf wäert ginn - nach kënnen a Rou doriwwer diskutéieren, a wéi verfuere d'Fronten eventuell no den nächste Chamberwahlen zu deem doten Dossier wäerte sinn?

Eng Indexmanipulation, wéi se mat dësem Projet virgesinn ass, bedeit natierlech e Kafkraaftverloscht vun de Leit. Net méi déi voll Inflation gëtt am Loun a bei der Rent ausgeglach. D'Leit wäerten et spieren. Se wäerten et spieren am Portmonni, bei der Vakanz, am Restaurant, am Supermarché. D'Leit spieren et wéi gesot am All-dag.

Esou eng Politik muss eiser Meenung no begleet ginn. Esou eng Politik misst eiser Meenung no vun der Regierung ofgefiedert ginn, fir dass se eben net zum Abroch beim Konsum féiert. Mä d'Regierung leet eigentlech nach eng drop: Se mécht genau de Contraire, nämlech se erhéicht d'Steierlaascht och nach emol:

- 1% méi Solidaritéitssteuer, fir déi mëssgléckten Aarbechtsmaartpolitik kënnen weiderzeféieren.

- D'Autossteuer geet an d'Luucht, fir angeblech méi CO₂-spuerend Gefierer kënnen op eis Strooss ze bréngen. Mä mir wëssen alleguerten, dass et drëms geet, fir de Statssäckel ze fëllen.

- De Bensin an den Diesel gi méi deier.

- D'Steiertabell ass zënter Joren net méi un d'Inflation ugepasst ginn. Och dat féiert derzou, dass Joer fir Joer d'Steierlaascht an d'Luucht geet.

- Manner Geld kréien d'Gemengen, déi dann herno erëm gezwonge sinn, fir hir Dëngschleeschungen, déi se de Bierger mussen ubidden, de Bierger méi dofir ze froen.

Mer kennen d'Präsentwécklung um Wunnengsmaart. Dee Sujet, wou jo souguer de Premierminister selwer d'Responsabilitéit iwwerholl huet, a gesot huet, dass wär déi grouss Défaite. Also, och do een Domän, wou d'Leit ganz staark hei am Land momentan belaascht ginn.

Dës Politik verstärkt eigentlech nach eng Kéier d'Auswierkunge vun dëser Indexmodulation, amplaz dass ee se géng ofbremsen, offedieren an dergéint wierken.

„Mir reprochéieren der Regierung, dass se de Lëtzebuerger Steuerzue-ler drastesch Steuerhéijungen zoudutt, ouni all Méiglechkeeten erschöpft ze hunn: éischens, fir bei hiren eegenen Ausgaben ze spueren, an zweetens déi bestoend Steiere richteg anzedriewen.“ Dee Saz hunn ech hei gesot, mä en ass eigentlech net vu mir, well en ass schonn eng Kéier op dëser Tribün gesot ginn, nämlech viru méi wéi 20 Joer. Et war den 28. Juni 1983 vum deemolegen LSAP-Politiker Jacques F. Poos. En hat, op jidde Fall bezunn op déi jëtzeg Situatioun, net Onrecht.

D'Regierung wëllt a kann dëst Land net reforméieren. Duerfir ginn d'Laaschten einfach op d'Bierger ofgewälzt. D'Konsequenz dovunner gesi mer an engem Indicateur, deen awer ganz daitlech weist, wat d'Leit am Land hei vun där doter Politik halen: nämlech dem Index fir d'Konsumentevertrauen. Dee louch am Januar 2006 nach bei dräi Punkten, am März bei null Punkten, am Abrëll bei minus véier Punkten an am Mee bei minus néng Punkten; dee schlechsten Index zanterdeem deen doten Indi-

cateur 2002 ugefaange ginn ass ze moossen.

Dat ass e ganz klore Sondage doriwwer, wat d'Konsumente vun der Politik vun der jëtzege Regierung halen. D'Leit wäerten op hirem Portmonni sëtze bleiwen, well se fäerten, dass de Stat hinne soss ze vill draus eraushëlt. An dat ass keng Politik, déi d'Leit encouragéiert. Et ass keng Politik, déi de Konsum fördert. Et ass keng Politik, déi Investitiounen hei am Land fördert. Et ass eng Politik, déi eis zréckgehalt, a keng Politik, déi eis no vir bréngt.

Jo, d'Demokratesch Partei dréit dës Indexmodulation mat, well se dem Stat hëlleft iwwer en Enkpass ewechzekommen, an de Betriber a schwierigen Zäite Loft léisst, fir ze ootmen.

D'DP wäert sech awer fir wierklech Reformen asetzen. Reformen, déi laangfristeg gesond Statsfinanze bréngen, fir e bessert Ëmfeld fir eis Betriber a fir manner Chômage. Reformen, déi de Betriber an och de Bierger hei am Land nees Hoffnung maachen op eng besser Zukunft. Reformen, déi nei Perspektiven opmaachen amplaz dem Bierger an d'Täsch ze gräifen. Reformen, déi net Synonym si mat neie Belaaschtunge fir d'Bierger.

Duerfir hu mer 33 konkret Propositionen virgeluecht, wou der eng Rei sech iwwerschneide mat deem, wat d'Regierung proposéiert huet. Ob et der 19 sinn, wéi de Premierminister gezielt huet, doriwwer léisst sech mat Sécherheet streiden; ech zielen der manner. Mä et wär jo och gelungen, wann déi 33 komplett opposéiert wäeren zu deem, wat d'Regierung géng maachen. Op jidde Fall kann een awer soen, dass mer an enger ganzer Rei vu Punkte méi Courage haten, fir och Strukturereformen unzegoen, fir fundamental eppes a Fro ze stellen, amplaz ze probéieren eis bis 2009 derduerchzewurstelen.

Mir hunn eng strukturkonservativ Regierung, et ass e strukturkonservative Programm, deen den 2. Mee hei virgeluecht ginn ass, an de Reformwëllen, deen een eigentlech am Oktober bei der Deklaratioun vum Premierminister Juncker nach gespiert huet oder gemengt huet ze spieren, deen ass op jidde Fall gebrach, well d'Bremser an de Reie vun CSV an LSAP sech dann awer definitiv duergesat hunn.

Eng ganz Rei vu Froe stelle sech nämlech nach hei an dësem Land. Déi Tripartite, déi virun engem gudde Mount op en Enn gaangen ass, déi Tripartite war eigentlech lancéiert als grouss Kompetitivitéitstripartite am Joer 2003, a wann ee gesäit, wat awer elo draus ginn ass, da war et alles mä keng Kompetitivitéitstripartite. Et war vläicht eng Tripartite fir de Statsbudget an den Équiliber ze bréngen. Mir müssen also d'Thema Kompetitivitéit weider op dem Ordre du jour behalen. All déi Facteuren, déi ech virdu genannt hunn, wa mer net wëllen um Niveau vum Loun d'Konkurrenz ausdroen, musse mer kucken, dass mer déi Punkt fir Punkt do ofschaffen, Punkt fir Punkt kucken, dass mer besser maache kënnen. Mä d'Regierung schéngt sech enger ganzer Rei vun Diskussionen do ze verschléissen.

An anere Länner ginn d'Diskussionen weider. Et héiert een, dass an Däitschland momentan iwwert d'Kierperschaftssteuer diskutéiert gëtt. Mir mierken, dass mer an Europa ëmmer méi an eng Steierkonkurrenz eraginn. Ech hu kee Wuert bis elo héieren, wat d'Regierung dovunner hält, wou si mengt dass mer d'Betriebsbesteuerung hei am Land sollten hiféieren, wou mer Lëtzebuerg sollen usiedelen an der ganzer europäescher Steuerlandschaft.

Mir hu keng kloer Äntwerte bis ewell nach drop kritt, wéi mer op där enger Säit de Spagat kënnen hikréien tëschent enger Croissance, enger Croissance och um Aarbechtsmaart, an op där anerer

Säit dann awer Defiziter, déi sech um Niveau vum Statsbudget op-dinn, eng Situatioun, déi atypesch ass, eng Situatioun wou mer dann och atypesch Äntwerte mussen drop proposéieren.

Och déi Désindexatioun vun de Sozialleeschungen, déi jo hei an dëse Projet mat eragefloss ass, déi mer als Demokratesch Partei och an enge vun eisen 33 Propositionne mat proposéiert hunn, déi mer also kënne matdroen, stellt awer nach d'Fro hannendrun: Wat geschitt mat deene Mëttelen, déi mer doduerjer fräi maachen?

Virun engem Mount hu mer hei diskutéiert, datt dat eng vun de Mesurë wär, fir Geld anzespueren op där enger Säit, fir op där anerer Säit nei Politike kënnen ze gestalten. Nun, eis géing interesséieren: Wou sinn déi nei Politiken? Wou bliwen déi Mëttelen? Wéi vill Mëttel gi reservéiert, fir wat fir eng nei Politike kënnen ze maachen? Eppes wat een och an dësem Projet de loi vermësst huet a wou bis ewell nach keng kloer Sprooch geschwat ginn ass. Mir wäerten op jidde Fall do derhannert bliwen.

Mir stellen eis vir, wa mer vu strukturelle Reforme schwätzen, fir méi a Richtung nach selektiv Sozialpolitik ze goen. Et muss net jiddereen datselwecht kréien. Wa mer an Zukunft deem wëllen hëllefen, deen Hëllef néideg huet, deem mer mussen eng Hand upaken, well hien eleng net eens gëtt, da kënne mer net jidderengem datselwecht ginn, da mussen mer geziilt kënnen intervenéieren. D'Thema vum Export vun de Sozialleeschungen ass bis ewell nach net opgegraff ginn.

Fir nëmmen d'Kannergeld zum Beispill ze huelen, wou mer pro Joer ëm déi 250 Milliounen Euro an eis Nopeschlänner exportéieren, a mer wëssen awer och, datt gläichzäiteg déi 250 Milliounen Euro am Ausland, am noen an am wäiten Ausland eppes anescht heesche wéi dat, wat dee Chiffer hei am Land heescht, da mengen ech, ass et eng Diskussioun wäert fir doriwwer ze diskutéieren. De Finanzement...

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Wéi wëllt Der dat da maachen, Här Meisch?

M. Claude Meisch (DP).- Gelift?

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Dat sinn awer europäesch Reglementer, un déi mer eis mussen halen. Ech gesinn awer schwéier, wéi mer als Lëtzebuerger Stat do dergéint eis géinge wieren. Dat si Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, dat si Leit, déi awer dat opgrond vun europäeschen Direktiven zegutt hunn.

M. Claude Meisch (DP).- Ma mir hunn eng Proposition zum Beispill gemaach, déi mer gäre géingen diskutéieren, wann d'Regierung diskussionsbereit ass, nämlech fir op där enger Säit d'Kannergeld e Stéck zréckze-schrauwen a gläichzäiteg deene Leit, déi hei am Land wunnen, eng Résidence-Prime ze ginn, well mer wëssen, datt grad déi momentan belaauscht sinn duerch déi héich Präisser um Wunnengsmaart. An doduerjer kéinte mer kucken, datt mer eis Sozialpolitik op déi Leit hei am Land géinge konzentréieren, op déi Leit, déi et noutwendeg hunn, an e Stéckelche manner géingen exportéieren.

Eng Proposition, déi an deenen 33 vun der Demokratescher Partei opgefouert ginn ass, wou mer ganz gäre géingen driwwer diskutéieren, an ech gesinn net direkt géint wat fir eng Direktiv oder wat fir eng Konvention mer an deem Punkt géingen do verstoussen.

Nun, mer mierken, datt eng ganz Rei vu Punkte bei der Regierungspolitik e falschen Usaz hunn, notament d'Steierpolitik, awer ane-

rer hunn ech opgezielt, datt mer an enger ganzer Rei vu Punkten Zukunftskonzepter vermëssen, datt et kee grouse politesche Konsens tëscht der Regierungsfraktioun an der Regierungsparteie gëtt, wat d'Zukunftsreformen ubelaangt. A grad duerfir riskéieren awer och dës Indexmodulationen, déi eigentlech jidderengem hei am Land vill ofverlaangen, ze verpuffen, well déi erhoffte Wierkung net duerch d'Regierung ënnerstëtzt gëtt a well d'Regierung probéiert sech laanscht eng ganz Rei vu strukturelle Reformen ze mogelen.

Mir stëmmen dëse Projet, mä dat heescht - an ech mengen, Dir hutt et eraushéieren -, datt mer mat ganz villen aneren Themen, wou d'Regierung momentan keng Akzenter setzt, net d'accord sinn, datt mer mat villem, wat hei den 2. Mee proposéiert ginn ass, net kënnen d'accord sinn. Hei ass ee Punkt, domadder wäerte mer d'accord sinn, an duerfir stëmmt déi Demokratesch Partei dëse Projet de loi.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Nächste Riedner ass den honorablen Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption)

Här Gibéryen, et ass elo um Här Fayot.

(Interruption et hilarité)

Da waart emol of, mir si jo nach net um Enn vun der Debatt ukomm. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert a soss keen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, ech weess, dass dat eng interessant Matière ass, wou och vill Parteipolitik hannendrun hänkt. Ech wollt dofir am Ufank dem Här Haupt, dem Rapporteur, Merci soe fir déi roueg an objektiv Manéier, wéi hien dee Projet hei presentéiert a behandelt huet. Dat ass eng wohlтуend Manéier, fir un esou e schwierigen a sensibelen Sujet erunzegoen. An ech mengen och, dass mer - ech wëll den Här Gibéryen do enttâschen - hei sollen dee Sujet ugoe mat deem néidege Seriö an och mat där néideger Déift.

Ech wëll och à l'adresse vum Här Meisch rappeléieren: Aliequerten déi Scholdzouweisungen, déi hie virgeholl huet, bréngen eigentlech net vill, well déi Entscheedung, déi mer haut jo ze huelen hunn, an de Joren 2001-2002 gebuer ginn ass. Mir sinn hei an enger Entwécklung vun e puer Joer, an de wirtschaftlechen Abroch an de Joren 2001 an 2002 huet den Abroch am Statsbudget mat sech bruecht. D'Budgete vum Zentralstat si säit 2003 am Defizit. An och haut nach, trotz dem Wirtschaftswuesstem, dee jo bal bei 5% läit, hu mer deen Defizit vum Stat nach net an de Grëff krut.

Iwwert d'Ursaache vun deem Defizit kann een natierlech laang a vill streiden. Tatsaach ass, dass de Stat iwwer seng Mëttel gelieft huet an och haut nach lieft. Doraus ass de Wëllen entstanen, de politesche Wëllen entstanen, ze spueren. Spueren heescht natierlech net gläich spueren. Spueren kann heeschen, de Stat an och d'Gemenge méi schlank ze maachen, wéi jo ons Kollege vun der DP eng Keier dat an enger Wahlcampagne gefrot hunn. Spueren kann heeschen, alles dat, wat an de Jorzéngten...

(Interruption)

Jo, schlanke Stat, jo.

M. Henri Grethen (DP).- Ech si scho mat der Wuertwieler ofgaangen.

(Hilarité)

D'Definition vu schlank, gell. Dat hänkt dovun of...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Ben Fayot (LSAP).- Här Grethen, ech wëll elo weider keng Commentairen dozou maachen.

Ech mengen, spueren kann heeschen, alles dat, wat fir d'sozial Cohésion an de vergaangene Jorzéngten opgebaut ginn ass als Of-sécherung géint d'Onsécherheet an all hir Formen, ofzebauen. Ech mengen, et gëtt fir esou e Spueren keng Majoritéit hei am Land.

Mä et gëtt sécher eng Majoritéit am Land, an dat hu mer jo och gehéiert vun der DP, fir eng verständneg Budgetspolitik, déi sech der Decken no streckt.

Et wëllt keen am Land hei e staark verschëllte Stat, deen all d'Laaschten op déi nächst Generatione géif ofwälzen. Et gëtt ënnert de Lëtzebuerger eng wäit verbreete Be-reedschaft, fir a gudden Zäiten ze spueren a Reserven unzeleeën, a schliesslech wëllt och keen d'Zukunft vum Land duerch Austéritéit op alle Pläng a Gefor bréngen.

Also, dëse Projet kënnt um Enn vun enger laanger Prozedur, déi den 12. Oktober 2005 ugefaangen huet. D'Kärstéck vun där Prozedur waren d'Sitzunge vum Comité de coordination tripartite. Dëst war vum Statsminister a senger Ried vum 12. Oktober hei an der Chamber annonciéiert ginn, an d'Regierung huet deemools kloer gesot, datt se net mat der Brieche-tang eng Austéritéitscourse wëll fueren, an dofir huet se den Tripartitemechanismus voll spille gelooss.

D'Gewiicht an d'Meenunge vun de Sozialpartner goufe voll respektéiert. Sécher, d'Politik, d'Parteien an och d'Fraktiounen heibannen hu während der Tripartite d'Regierung an d'Sozialpartner gewäerde gelooss. D'Regierung huet Pistë proposéiert; d'Sozialpartner hu mat der Regierung diskutéiert a schliesslech hiren Avis ginn. Dësen Avis, datt wëll ech hei ganz kloer ënnersträichen, gëtt mat dësem Gesetz fir deen Deel, deen dovun-ner concernéiert ass, voll a ganz a prezis befollegt.

D'Politik huet elo dat alles elo a Gesetzer ëmzesetzen. Mir maachen dat, well mer der Iwwerzeegung sinn, datt doduerch d'Kohäsion vum Land a vu senger Politik gestärkt gëtt. Dës Regierung an dës Majoritéit hunn e groussen Interessi dorunner, datt déi Eene-gung an Eierechkeet an a vun der Tripartite erhale bleift. Si maachen d'Land staark; si ginn ons Rou an Zäit fir déi schwierig Aufgabe vu Chômage-Bekämpfung, vu wirtschaftlecher Entwécklung, vu sozialer Solidaritéit ze meeschten.

D'Regierung wier dofir domm, datt wëll ech hei ganz kloer soen, wa se elo d'Sozialpartner wëilt hannert d'Liicht féieren, wa se e Putsch géint d'Salariat an d'Gewerkschafte maache wëilt, wéi dat vun enger Partei a Fluchblieder gesot ginn ass, oder wa se an dësem Gesetz méi Sacrificer wëilt verlaangen, wéi d'Sozialpartner dat an der Tripartite akzeptéiert hunn.

D'Regierung brauch d'Sozialpartner an hir Bereedschaft matzediskutéieren och an de Joren, déi kommen. Et soll jo an der Tripartite drëm goen, e sozial- a wirtschaftspoliteschen Ausgläich ze fannen. D'sozial Sécherheet, d'Bekämpfe vun der Inflation a vum Budgetsdefizit, d'wirtschaftlech Kompetitivitéit verbesseren - dat sinn d'Stéchwierder vun der Diskussioun.

Den 2. Mee 2006 huet d'Regierung d'Resultater vun der Tripartite hei duergeluecht a si goufen hei diskutéiert an allgemeng begréisst. Dobäi hat ech am Numm vu menger Fraktioun constatéiert, datt an deenen Décisiounen vun der Tripartite, an deem Avis vun der Tripartite, de Sozialmodell, deen a Jorzéngte laangen Ausernanersetzun-

gen opgebaut gouf, a senge wesentlechen Objektiver a sengen Instrumenter erhale bleift.

Ech hunn och dobäi gesot, datt den Tripartite-Pak sécher Sacrificer enthält, datt déi Sacrificer net däerfen erofgespillt ginn an dass se sozial gerecht verdeelt musse ginn an dass se zu engem Resultat musse féieren. Dat heescht, déi Sacrificer sinn net en Objektiv a sech; si sinn nëmmen e Mëttel op engem Wee, fir dëst Land ze reforméieren. Mir mussen also mat Hëllef vun dëse Sacrificer déi Problemer meeschten, déi mer an de leschte Joren accumuléiert hunn.

Elo hu mer dat éischt Gesetz hei virleien, an dëst Gesetz ass eent vun engem ganze Pak vun Texter a Reglementer, déi nach komme sollen. D'Regierung soll an den nächste Wochen eng Oplëschtung vun dësem Pak, vun dësen Texter a Reglementer virleeën, datt ee gesäit, wat alles nach u legislativer respektiv reglementarescher Aarbecht ze maachen ass.

En décke Brocken ass sécher dobäi de Statut unique vun de Salariéen. Domat gëtt sécher eng Vereinfachung op ville Pläng erbäigefouert, an esou wéi d'Salariat jo haut ausgesäit, ass déi Ënnerscheedung zwëschen Aarbechter a Beamten net méi an der sozialer Realitéit begrënt. Den Accord vun de Gewerkschafte an der Tripartite gouf jo an der Haaptsaach duerch déi sozialpolitesch Perspektiv, déi déif gehend sozialpolitesch Reform iwwerhaupt erméiglecht.

Dofir ass fir d'LSAP, an ech mengen och fir d'Gewerkschaften, dat en Duerchbroch vu grousser sozialpolitescher Bedeitung. Mir froen dofir d'Regierung och, ouni Veruch mat de Sozialpartner Léisung fir déi Problemer, déi nach bestinn, déi technesch Problemer, virzeleeën.

Här President, d'Gesetz vun haut geet iwwert den Index an d'Désindexierung vun enger Partie famili-jepoliteschen Allocations. Et ass kloer, datt mat deem Tripartite-Accord probéiert gëtt, elo Politik ze maachen, och dobaussen an och heibannen. Dofir mengen ech, wier et wichteg, eng Partie Klosterstellungen ze maachen.

Den Index gëtt als Ëmverdeelungsmechanismus net a Fro gestallt: E bleift bestoen a brauch also net 2009 erëm agefouert ze ginn. D'Präsentwécklung an d'Index-upassung ginn net ausernaner drifte gelooss. Den Index erlaabt domat weider eng regelméisseg Upassung un d'Deirecht.

Ech hunn éinescht de M. Lucien Thiel gehéiert vun Automatismen schwätzen, an ech hu säi Luef gehéiert fir d'Tripartite, déi déi Automatismen hei moduléiert huet. Mir mengen, datt d'Tripartite, wéi ech éinescht gesot hunn, e gudden Mechanissem ass, fir esou Automatismen unzepassen. Ech si frou iwwer säi Luef fir d'Tripartite.

An ech mengen, datt dat Wuert Automatismus am Fong geholl kee Schimpfwuert ass. Ech sinn iwwerzeegt, datt de Mechanissem vum Index e Mechanissem ass, deen ons a ville Jorzéngte Rou um lounpolitesche Secteur bruecht huet, deen et erlaabt huet, regelméisseg d'Akommes vun de Salariéen un d'Deirecht unzepassen. Dat ass eppes, wat sécher a villen anere Länner op eng vill méi schwierig Manéier vir sech geet.

Den Här Lucien Thiel war jo och am Bankesektor op enger exponéierter Plaz aktiv an huet jo och gesinn, wéi schwierig heiansdo do d'Lounverhandlungen an deem Secteur waren. Dofir fannen ech fir mech, dass, wann ee vun Automatismus schwätzt, dat keng pejorativ Connotation huet, mä datt et an dësem Fall, op jidde Fall wat den Index ugeet, eng positiv Konsequenz fir d'Land hat.

Ech hunn iwwerens, datt wëll ech och hei soen, Vertrauen an d'Gewerkschaften, datt,...

Une voix.- Très bien!

M. Ben Fayot (LSAP).-...wann elo zwëschen der Entwécklung vun der Deirecht an der Akommes-entwécklung ze vill grouss Grief géifen entstoën, si duerno kucke géifen, an et gegebenefalls dann zu gewerkschaftleche Moossnamen hirersäits kënnt kommen.

Wat no de Joren 2006 bis 2009 geschitt, muss d'Politik vun deem Moment entscheeden. Ob eppes definitiv verluer geet, ob Réckstänn bestoe bleiwen oder e Rattrapage stattfënn, dat muss e Gesetz soen, dat virum 31. Dezember 2009 vun enger nächster Regierung geholl gëtt an de Raccord mat dem Index festleeë muss.

Dat gëtt sécher eng spannend statistesch Aarbecht, an natierlech an der Haaptsaach eng wichteg politesch Aarbecht, fir dee politesch richteg Raccord ze fannen. Ech mengen, och datselwecht gëllt fir d'Familienzoulagen, déi jo net endgültig agefruer ginn.

Wat an de kommende Jore geschitt, wäert vill vun där jeeweileger politescher Majoritéit an dësem Land ofhänken. Dës CSV-LSAP-Majoritéit huet sech op jidder Fall vill Méi gemaach, an der Fro vum Index eng ausgeglachen a sozial gerecht Léisung ze fannen.

Wéi gesot, wat 2010 geschitt, ass net gewosst a wäert wuel an der Wahlcampagne vun 2009 ausgiebig diskutéiert ginn.

D'Chambre des Employés privés huet an hirem gutt fouilléierten Avis gesot, dass eng moderéiert Inflation, déi ongläich iwwert d'Period 2006 bis 2009 verdeelt wär, zu definitive Verloschter fir d'Salariat kënnt féieren. A si seet och, dass déi Optioun vun engem Renoncement définitif à une tranche indiciaire an den Tripartitesdiskussionen elo net a Fro komm war. A si seet, dass de Report vu verschidene Cotes d'application zwëschen 2006 an 2009 nëmmen temporär wär, a mécht da verschidden Hypothese bis a fir 2010.

Ech mengen, et ass fir ons hei an der Chamber schwéier nozevollzéien, wéi d'Diskussionen vun der Tripartite gelaf sinn. Mir kucken den Avis sou wéi en do läit. A mir kucken, ob dat Gesetz deem Avis vum Comité de coordination tripartite entsprécht, well mer wëllen, dass d'Regierung dat an e Gesetz mécht, wat se mat de Sozialpartner bis 2009 ausgehandelt huet.

A mir wëssen, dass an der Politik nâischt definitiv ass an dass eng Regierung eppes anescht ka maache wéi déi virdrun.

Mir wëllen als Sozialiste weder den Index permanent moduléieren nach ganz aussetzen. Mir wëllen iwwert de Wee vun dëser Indexregelung en Zweck erreechen: d'Inflation erofdrécken, d'Kafkraaft erhalen, d'Kompetitivitéit vu Lëtzebuerg verbesseren, de Statsbudget sanéieren. A wann déi Ziler erreecht ginn - an ech hoffen, dass mer se an deenen nächsten dräi Joer kënnen erreechen - musse mer weider kucken.

Här President, op den Inhalt vun de Mesuren am Gesetz ass de Rapporteur am Detail agaan, ech wëll also net méi drop zréckkommen. Ech wëll awer op déi Mesuren insistéieren, déi am Tripartite-Avis zur Bekämpfung vun der Inflation niewent den Indexmesuren enthalen sinn. Déi Moossname mussen - grad wéi d'Indexupassung - hëllefen d'Akommes vun de Leit ze schützen. Dat ass e Koup, dat sinn op d'mannst sechs wichteg Mesuren:

- Éischtens solle mat de verschidene Wirtschaftssecteure Präisaccorden ofgeschloss ginn.

- Zweetens sollen d'Präisser an der Grande Région an engem Indicateur verglach ginn.

- Drëttens sollen d'Kontrakter, déi de Stat - an ech huelen un och d'Gemengen - ofschléisst, index-

neutral sinn ausser de Lounkäschen. An do stellt d'Fro sech, ob dat elo scho gemaach gëtt.

- Da soll Schluss gemaach gi mat dem System vun de Représentations générales, déi ons u meeschten belsch Zwëschenhändler ausliwweren.

- Da soll d'Konkurrenz méi dynamesch ginn.

- A schliesslech sollen de Stat, d'Gemengen, d'Établissements publics an hirer Präispolitik, also an hirer Gestaltung vun de Präisser fir Dëngschtleeschunge virsichteg sinn.

An d'Regierung soll ons soe wat an där Hisiicht scho geschitt ass a wéini déi prezis Moosname fir d'Präisgestaltung ëmgëtt ginn.

Här President, e wichtege Duerchbroch an der Tripartite ass d'Indexneutraliséierung vun der Erhéijung vu verschiddene bestoenden Taxen an Accisen an neien Taxen an Accisen. Et gëtt keng Manipulation vum Wuerekuerf, wéi dat behaapt ginn ass, et gëtt awer en echte Problem. Wa mer aus gesondheetspoliteschen Ursaachen de Präis fir den Tubak eropsetzen an déi Erhéijung iwwert den Index am Akommes ausgläichen, hu mer eigentlech näischt geschafft. Wa mer aus ekologesche Motiver de Bensin an den Diesel iwwert d'Accisë méi deier maachen an iwwert den Index am Akommes ausgläichen, hu mer och do kee Lenkungsmittel.

Dozou kann een och nach zum Beispill de Waasserpräis rechnen, dee jo méi deier soll ginn an dann och indexneutraliséiert soll ginn, wann déi Direktiv vun 2000 applizéiert gëtt. An datselwecht gëllt fir d'Erhéijung vun Accisen um Bensin, duerch déi de Kyoto-Fong gespeist soll ginn. Nei Taxen oder Erhéijunge vun Taxen op verschiddene Produkt wéi Tubak an Alkohol sollen ekologeschen a gesondheetspoliteschen Objektiv affektéiert an indexneutraliséiert ginn.

Et ass kloer, wat do gewollt ass: Indexneutraliséierung vun neien oder erhéichten Taxen an Accisen an Affektation fir ekologesch a gesondheetspolitesch Zwecker ginn Hand an Hand. D'Indexneutraliséierung ass net konsensfäeg, wann net aner Ziler wéi reng budgettechnesch zielen, nämlech Gesondheet, Ëmwelt, Développement durable. Dofir muss d'Regierung och an den nächste Bugeten déi Mehreinnahme kloer nowiesen a weisen, wat domat geschitt.

Am Avis vun der Chambre des Employés privés - ech wollt dat hei och nach ervirhiewen - gëtt gefrot, dass d'Neutraliséierung vun Erhéijunge vun Taxe mat de Sozialpartner soll diskutéiert ginn. Si rappeléiert och, dass d'Sozialpartner all Mesuren ënnerstëtzen, déi d'Krankeesendefizitter bekämpfen, zum Beispill wann Taxen um Tubak oder um Alkohol eropgesat an indexneutraliséiert ginn.

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass de Conseil économique et social iwwert de Waasserpräis a sengem Avis vun 2006 wichteg an interessant Saache gesot huet, déi och d'Chambre des Employés privés rappeléiert. Et geet jo ëm déi Direktiv vun 23. Oktober 2000, déi den Émgang mam Waasser méi rationell a méi spuersam maache soll. An ech mengen awer - an do sinn ech och mat der Chambre des Employés privés d'accord -, dass et net eleng drëm geet, fir nëmme mam Präis ze probéieren dee rationellen a spuersamen Émgang erbäizeféieren, mä dass et iwwer eng Gesamtstrategie muss goen, sou wéi se an der Direktiv virgezeechent ass.

Wat d'Désindexation vum Forfait d'éducation an de Familljenzoulaenge ugeet, gëtt versprochen - an dat steet och am Avis vum Comité de coordination tripartite - e System vu «Crédits d'impôt» auszeschaffen an zwar am Sozialdialog, dee vun Ufank 2008 un operationell soll

ginn. A wann esou en Accord net sollt fonnt ginn, da ginn déi Familljenzoulaenge erëm vum 1. Januar 2008 voll un den Index ugepasst.

Ech mengen, dëst ass e weidert Beispill dofir, dass dës Regierung ëmmer erëm de sozialen Ausgläich gesicht huet, fir déi Sacrificer, déi besonnesch vum Salarat elo bruecht ginn, auszegläichen. Et ass de Wëllen, déi akommes-schwaach Deeler vum Salarat besonnesch ze schützen. Duerch déi wäit gehend Steuerbefreiung vun de klengen a mëttleren Akommes kënne mer natierlech näischt iwwert de Steiertarif maachen an dofir gëtt un de «Crédit d'impôt» geduecht, fir Akommesverloschter op engem anere Plang auszegläichen. An et gëtt och, wann d'Pétrols- an d'Gaspräisser ze staark unzéien, un d'Eropsetze vun der Allocation chauffage am Joer 2008 geduecht.

Dat waren eng Partie Bemierkungen iwwer engersäits den Avis vum Comité de coordination tripartite an d'Manéier, wéi d'Politik deen Avis wëllt ëmsetzen. Mir hu sécher nach eng Partie aner Gesetzer virun ons, wou mer déi Diskussioun, déi mer haut ufänken, weider kënne féieren.

Ech mengen, dëst Gesetz schreift sech an an eng fortschrittlech Reformpolitik vun der CSV-LSAP-Regierung.

Fir esou eng Reformpolitik - ech wëll dat nach eng Kéier soen - brauch d'Land dee wichtege Mechanismus vun der sozialer Concertation. Si huet - an dat ass allgemeng hei unerkannt ginn - erëm eng Kéier fonctionnéiert, dank de Gewerkschaften, dank de Sozialpartner, dank och natierlech dem Input vun der Regierung.

D'Resultat ass d'Erhalen an d'Upasse vun onsem Sozialmodell un d'finanziell Méiglechkeete vum Stat. Et gëtt kee sozialen Ofbau, et gëtt au contraire Sputt fir eng fortschrittlech a cibléiert Sozialpolitik, fir Mëttele fir Investissementer fräi ze maachen a fir d'Aarbechtslosigkeit ze bekämpfen.

Ech mengen, dat si wichteg Ziler, déi mir - d'LSAP - op jidde Fall matdroe wäerten an dofir wäerte mir och dëst Gesetz stëmmen. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den honorablen Hér François Bausch. Hér Bausch, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Hér President, Dir Damen an Dir Häre, wann ech mer et elo genau sou einfach géing maache wéi verschidde Leit, déi heibannen an der Majoritéit sinn oder op anere Plazen an der Opposition setzen, an déi do Décisiounen als familijefeindlech ofqualifizéieren, déi am Verhältnis zu deem, wat mer haut hei stëmmen, Peanuts sinn - géing ech mol op gutt Lëtzebuergesch soen -, da géing ech och elo hei meng Ried ufänken a soen: „Dat, wat mer de Mëtten hei decidéieren, dat ass een eenzege Kalschlag am soziale Gefüge, dat ass brutalst antifamilljepolitesch Logik, déi hei walte gelooss gëtt. Dat ass wierklech de Stuerz vum Sozialstat.“

(**Interruption**)

Dat iwwerloossen ech elo Ärer Responsabilitéit, Hér Jaerling.

Vu datt ech a meng Fraktioun och net esou fonctionnéieren wéi déi Leit, déi mat enger anerer Kap op enger anerer Plaz aner Saache soe wéi dat, wat se hei soen, maache mir déi Analys och haut de Mëtteg, och wa mer hei an der Opposition sinn, net d'nämleche wéi déi Leit. An ech wäert duerfir och versichen déi eenzel Mesuren ze explizéieren aus eiser Vue, an dann och soen, wou mir fannen - et gëtt déi eng oder déi aner Mesuren, iwwert déi mir net onbedéngt esou glécklech sinn -, dass een aner Iwwerleeungen hätt sollen ustellen.

Ech wëll awer direkt virausschécken: Mir wäerte bei enger Rei Artikelen e Vote par article froen, an eis do och enthalen, mä mer wäerten de gesamten Text awer stëmmen. Wéi gesot, dat ënnerscheet eis vun deene Leit, déi mit gespaltenen Zunge hei eppes aneschtens soe wéi op anere Plazen, ob-schonn, wéi gesot, dat, wat op där anerer Plaz decidéiert ass, wou se dann dergéint sinn, wat do decidéiert ginn ass, a kengem Verhältnis steet, wat de Portmonni ubelaangt vun de Leit - dat muss een awer esou soen -, zu deem, wat mer haut de Mëtten hei decidéieren.

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Hér President, Dir Damen an Dir Häre, mir fannen et als Gréng begreissenswäert, dass déi Mesuren hei - an dat muss ee soen, dat si Mesuren, déi doen am Portmonni wéi -, am nationale Konsens - et géing ee bal soen, wann ech kucken, wéi et bis elo gelaf ass; mir kréie vläicht nach elo eng Ausnahm oder zwou Ausnahmen dono - decidéiert gi sinn. An ech mengen, dass dat och gutt esou war. Dat huet eis villes erspuert, wat anere Länner eventuell an esou Situatiounen net erspuert bliwwen ass. Dat dréit awer och derzou bäi, dass mer par rapport zu deene Länner de Virsprong, dee mer hunn, behalen. Ech mengen, dat war d'Traditioun vu Lëtzebuerg an der Vergaangenheet. Et ass och gutt, dass et fäerdeg bruecht gëtt, déi an deem heite Kontext weiderzeféieren.

Et ass och fir eis als Gréng kloer - dat hunn ech scho méi wéi eng Kéier gesot -, dass mir absolut e Bekenntnis maachen zum Sozialstat. Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass ee sech am 21. Jorhonnert muss d'Fro stellen, wéi een déi sozialstaatlech Traditioun, déi mer a Westeuropa - géing ech mol gär soen - an der Nokrichszäit opgebaut hunn, am 21. Jorhonnert erhele kritt. Mer müssen eis einfach bewosst sinn, dass eng ganz Rei sozial Mechanismen, déi aus gudde Grënn an der Nokrichszäit geschafte gi sinn, mat Sécherheet müssen adaptéiert ginn, well se der gesellschaftspolitescher Situation vum 21. Jorhonnert einfach an deem Mooss net méi Rechnung droen.

Esou ass et zum Beispill esou, dass et sécherlech och haut nach vill Leit gëtt, déi duerch dat soziaalt Netz falen. Mä et si mat Sécherheet ganz anerer wéi déi, déi am 20. Jorhonnert derduerch gefall sinn!

Et ass och sécherlech haut nach esou, dass et verschidde Leit gëtt, déi zu Recht oder zu Onrecht net an deem Mooss vun eise sozial System profitéieren. Mä d'Grënn dovun si ganz anerer, wéi se nach vläicht virun 20 Joer waren. An duerfir menge mir weider, dass et noutwendeg ass, deen Exercice ze maache vum Hannerfroen - net fir de Sozialstat, wéi gesot, ofzeschaffen, mä fir en effektiv am 21. Jorhonnert ze erhalen.

An eigentlech kommen ech zu där éischter Measure, déi an deem Gesetzesprojet virgesinn ass, nämlech d'Applikation vun der Échelle mobile vu de Salaires. Eigentlech ass dat, wat do zréckbehale ginn ass vun der Lounupassung an Index, ee gutt Beispill dofir, firwat mer haut an enger anerer Situation sinn, wéi mer nach vläicht virun zéng, 15 oder 20 Joer waren.

Et ass kloer, all Fraktioun heibanne bekennt sech zu dem Prinzip vun der automatescher Lounupassung un den Index. Egal wat och gesot gëtt, ech hunn all Wahlprogramm relativ gutt gelies vun 2004, et hat keen eppes aneschtens geschriwwen. An ech sinn och sécher, dass

2009 keen eppes aneschtens wäert draschreiwten, an dass den allgemenge Prinzip wäert garantéiert bleiwen.

Mir hunn allerdéngs eng spezifesch Situatioun am Moment, déi an deem Mooss net ze vergläichen ass mat deem, wat am leschte Jorhonnert war. Et gëtt jo vill de Moment geschwat vun Inflationen-bekämpfung.

Wa mer awer wëssen, dass de Moment iwwer 30% vun eiser Inflation eleng quasi op een eenzege Produkt, op eng Matière première zréckzeféieren ass, nämlech de Pétrol;

- a wa mer wëssen, dass déi Matière première Pétrol, vun där eis Ekonomien, wéi Der wësst, vill ze vill ofhängeg sinn am Moment, net wäert méi bëlleg ginn an deenen nächste 50 Joer, an dat net weinst all méiglechen Taxen, déi iergendwelch Gréng oder soss ee verlaangt, mä einfach aus deem ganz banale Grond well entre-temps weltwäit d'Demande fir déi Matière première Pétrol esou staark gestiegen ass duerch d'Entwécklung an Indien, a China oder och anere Länner;

- a wa mer wëssen, dass d'Resource souwéisou net onendlech si bei där Ressource Pétrol, dat heescht, dass mer éischter no an no an deemem Jorhonnert wäerten dozou kommen, dass déi Ressource hiert Enn wäert fannen,

dann ass et relativ kloer, da kann ee sech zimlech sécher sinn, dass de Präis vum Pétrol, egal wat ee vu staatlecher Säit mécht um Niveau vum Präis, souwéisou an deenen nächste Jore kaum wäert erofgoen.

Dat ass eng spezifesch Situatioun, well eis Ekonomii leider - leider, muss een do soen - an esou engem Ausmooss haut nach ëmmer ofhängeg ass vun deene fossilen Energieträger insgesamt, a vum Pétrol am Besonneschen. A leider hu mer an den 90er Joren als Gréng eis de Mond fuseleg geriet, fir op d'Geforen hinzeweisen, deenen eis Ekonomien haut ausgesat sinn duerch dee Fait, mä leider wollt deemools an den 90er Jore keen eis nolauschten.

Mä dat ass awer haut e Fait. An aus där Hisiicht ass natierlech och d'Fro vun der automatescher Upassung un den Index eng aner, wéi se nach vläicht virun zéng oder 15 Joer war, wou déi dote Situation net esou war, wéi se elo haut nun emol ass. A mir wëssen och, dass se, wéi gesot, an deenen nächste Jorzéngte sech kaum wäert veränneren.

(**Interruption**)

An duerfir ass et absolut begreissenswäert, dass d'Sozialpartner sech eens gi sinn, op där dote Fro, fir déi Adaptatiounen. De Prinzip, wéi gesot, vun der Lounupassung ass jo net ofgeschafft ginn. E gëtt jo och net ofgeschafft mat deem Gesetz. Et gëtt eng Modulation gemaach. Et gëtt versicht där do Situatioun entgéintzewirken. An et ass och gutt, dass d'Sozialpartner sech op deem Beräich eens ginn.

A wann ech vun der Inflationen-bekämpfung schwätzen, da muss ee sech och bewosst sinn, dass bei all deem, wat och hei elo schon opgezielt ginn ass, ënner anerem vu mengem Virriedner, wat een am Fong vu „good will actions“ ka vläicht maachen am Kader vu Lëtzebuerg oder och nach der Groussregioun, dann ass dat am Endeffekt par rapport zu deem wesentleche Punkt do vun dem Afloss vun der Matière première op d'Inflation eigentlech e bescheidenen Afloss, e bescheidenen Mechanismus, deen een huet.

An et wär wierklech vermessen iergendenger Regierung oder iergendengem Wirtschaftsminister hei de Reproche ze maachen, hie wär elo dee Responsablen, an e soll wann ech gelift elo kucken, dass d'Inflation erofgeet. Wéi wann dat esou einfach wär; wëssend dass d'Situatioun esou ass.

Dat Eenzege, wat ee wierklech ka maachen, mir alleguete kënne maachen, fir dass hei d'Inflation erofgeet, dass ass mathëllefen, dass d'Demande net méi esou héich ass no deene Matière-première. Dat heescht zum Beispill, derfir ze suergen, dass d'Demande no Pétrolprodukter net méi esou héich ass, wéi se haut ass. Ech weess zwar och, dass dat vläicht méi einfach gesot ass wéi gemaach. Mä et gëtt awer eng ganz Rei Méiglechkeeten, fir dat ze maachen.

An ech weess och, dass Lëtzebuerg eleng natierlech do net all Problemer ka léisen. Mä ech kann lech just nëmmen eent verroden: An der ganzer Europäescher Unioun, an an der Zwëschenzäit och ganz staark an de Vereenegte Staten, gëtt doriwwer diskutéiert iwwert déi Schinn, fir zum Beispill iwwert dee Wee d'Inflationen-bekämpfung ze maachen. Dat heescht, einfach manner Pétrol ze consomméieren. D'Demande huet jo schlussendlech hei de gréissten Afloss an der Bekämpfung vun der Inflation, wann ech weess, dass een eenzege Produkt esou en héijen Afloss huet op d'Inflation de Moment zu Lëtzebuerg.

Da kommen ech zu deem zweete Punkt; dass ass d'Neutraliséierung vu verschiddenen Taxen oder Prélèvementen aus ëmwelt- oder sozialpolitesche Grënn. Dat ass eppes, wat mir als Gréng och scho laang fuerderen, an zwar aus e puer Grënn.

Deen éischten ass emol deen, wann ech ee Beispill eraushuelen aus de sozialpolitesche Grënn: Wa mer muer eng Tax aféieren um Tubak aus gesondheetspolitesche Grënn, dann huet een do eng Alternativ zu der Zigrett, dass ass nämlech opzehale mat fëmmen. Et kann ee jo net behaupten, dass d'Fëmmen - et kënnt jo hoffentlech kee mer heiroop erklären - éischens, en iwwerliewenswichteg Produkt wär vum Mënsch, deen e misst hunn. Et kann een och net behaupten, dass d'Fëmmen, wéi vläicht elo aner méi luxuriéis Produkter, zu eise Comfort oder zu engem besserer Confort géing bäidroen. Fëmmen ass eng Drog wéi eng aner.

An et ass sécherlech net un der öffentlecher Hand, fir wa se wëllt gesondheetspolitesch do entgéintwirken, dann eppes um Niveau vun enger Tax mécht, an dann zum Beispill d'Tax erëm ze neutraliséieren, andeem ech op där anerer Säit se erëm iergendwou opfänke ginn.

Ech mengen, dass ass eng allichtend Saach, dass mer endlech dat ugin, fir an esou spezifesch Fäll wéi deem heiten, ob dass aus gesondheetspolitesche Grënn ass oder och aus ëmweltpolitesche Grënn, dass net neutraliséieren.

Ech géing souguer méi wäit goen! Eigentlech, wann ech da beim Beispill vum Fëmmen wëll bleiwen: Mir wëssen, dass an eiser Gesellschaft 80% vun de Leit entre-temps net méi fëmmen. Dat heescht, et ass am Fong éischter deenen och nach Rechnung gedroen, och an deem heite Sënn, wa mer dat net maachen, well et ka jo net esou sinn, dass déi, déi dann net op dat Produkt zréckgräifen aus gudde Grënn, och nach op där anerer Säit musse matbezuelen, niewent de Gesondheetsschied, déi se souwiesou mat müssen erliden an erdulden op deene Plazen, wou se da setzen, wa se dem Damp ausgesat sinn.

Dat ass eng Logik. Wann ee sech als öffentlech Hand gesondheets- oder ëmweltpolitesch seriö hëlt a wann een och wëllt no bause Signaler setzen, dann ass et net méi wéi normal, dass mer endlech dat doten agefuert hunn.

■ **Une voix.** - Bon courage!

■ **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech fannen och d'Aart a Weis, wéi et agefuert gëtt, eng gutt Saach. Et soll jo net einfach esou vun uewen erof dekreteiert

ginn. De Stat muss beweisen, datt et fir esou Zwecker ass, inklusiv d'Recetten. Et muss och ausgehandelt gi mat de Sozialpartner. Dat heescht, et ass schonn och e Wee, wéi dat soll an Zukunft oflafen, deen eis gutt gefält. Ech sinn och der Meinung, datt dat hei wäert dozou bäidroen, datt mer an Zukunft do op aner Weeër kënne goen, déi eis gesondheets- an ëmweltpolitesch vill wäerte weiderhëlfen.

Dann deen drëtten Punkt, deen hei drasteet, datt ass d'Désindexatioun vun de Familljeprestatiounen. Do muss ech soen, Här President, domat hu mer e bësse Problemer. Net well mer der Meinung sinn, datt een d'familljepolitesch Prestatiounen, wéi mer se haut kennen, net soll hannerfroen. Mä wat geschitt hei? Mir definéieren hei net eng familljepolitesch Zilsetzung, wéinst där mer dat hei maachen. Mir kucken och net, wat ass den Effekt op déi eenzel Familljen, mä et ass reng aus budgetäre Grënn, datt dat hei gemaach gëtt.

Ech fannen, oder meng Fraktioun ass der Iwwerzeegung - et gëtt jo vill iwwer e kannerfrëndlecht Land geschwat, och ewell hei zu Lëtzebuerg -, datt een awer emol eng kéier misst definéieren, wat dat ass a wat dat haut an enger Gesellschaft vum 21. Jorhonnert alles beinhalt. Ech hunn hei gesot a menger Ried zu der Deklaratioun vum Premierminister virun e puer Wochen, datt ech d'Impressioun hätt, datt mer fir familljepolitesch Mesuren hei am Land zwar vill Geld ausginn, mä an der Gesellschaft dobaussen all Mënsch onzufrieden ass, well eigentlech vill ze vill wéineg Mesuren adaptéiert sinn a Fonctioun vun enger Famill vum 21. Jorhonnert zum Beispill.

Mir wëssen, datt mer jo de Moment vill familljepolitesch Mesurë maaachen a Form vu Geld, wat mer einfach ausdeelen. Mir hunn op där anerer Säit eng ëmmer méi grouss Demande vun Infrastrukturen, Crëchen an esou weider, Erziehungs-hëllef fir Kanner fir Elteren zum Beispill, déi zu zwee schaffe ginn, och dat kascht eis enorm Geld als öffentlech Hand. Duerfir hätt ech léiwer, oder hätt meng Fraktioun léiwer, wa mer hei emol géingen eng generell Debatt féieren an da kucken: Wat ass eigentlech d'Zilsetzung? Wat striewe mer un als Zilsetzung? An dann, wa mer dat definéiert hunn, kucke mer: Wéi agencéiere mer eis gesamt familljepolitesch Leeschtungen a Fonctioun vun deem Zil, wat mer eis gesat hunn?

Dat kann dann eventuell bedeuten, datt mer bei de Geldleeschungen wierklech da just nach kucken, datt mer deene Leit déi zoukomme loosse, déi wierklech schlecht dru sinn, well hire Revenu ze niddreg ass, oder Gott weess wat fir eng Situatiounen ee kann an eiser Gesellschaft hunn, et gëtt jo déi verschidenaartegst, a vläicht dann aneren eischer Dëngschtleeschungen ubidden, fir zum Beispill Kanner ze versuergen an esou weider an esou fort. Ech mengen, et gëtt wahrscheinlech villfältig Instrumenten.

Mir kënnen net alles maachen. Mir kënnen net grouss Zomme Geld u jiddfereen ondifferenzéiert ausbezuelen a gläichzäiteg och nach deier Infrastrukturen zu héijer Qualitéit niewendru setzen. Dat geet jo am Endeffekt net méi op.

An et ass déi Diskussioun, déi mir endlech gären hätten, a mir fannen et eigentlech net gutt, datt hei elo eenzel Elementer iwwert déi Désindexatioun erausgerappt ginn, déi am Endeffekt natierlech gutt verkraftbar si fir Leit mat héije Revenuen an awer wierklech schwéier verkraftbar si fir Leit, déi keng héich Revenuen hunn. A wann effektiv eppes sozial onéquilibréiert ass, dann ass et wierklech dat, wat elo hei an deem heite Fall geschitt. An duerfir, wéi gesot, hätt een déi Diskussioun solle méi breet féieren an deementspreechend da sech

och vläicht een oder zwee Joer méi Zäit loosse bei dëser Mesure.

Et ass zwar elo gesot ginn, et gëtt analyséiert bis 2008 fir eng Aart Crédit d'impôt anzeféieren. Et ass jo och ugekënnegt ginn, fir ze kucken, ob mer net da gläichzäiteg déi Ongerechtegkeet och nach aus der Welt schafen, datt et verschidde Famillje gëtt, déi Kannergeld kréien a vun alle Mesurë profitéieren an dann och nach an der Steiertabell dovun profitéieren. Dat heescht, dat si jo da Leit, déi och Steiere bezuelen, Leit mat méi héije Revenuen. Dat heescht, datt mer vläicht do kucken deen Abatement an der Steiertabell, wat an den 90er Joren ugefaange ginn ass, lues a lues zrëckzeféieren, dat erëm weiderzeféieren.

Dat sinn natierlech Pisten, déi interessant sinn, mä ech fannen et schued, datt mer net déi generell Diskussioun gefouert hunn an hei eis een oder zwee Joer méi Zäit ginn hunn, an da gekuckt hätten, wéi mer dat insgesamt gesinn éischten, a wéi gesot dat Zil besser definéiert hätten. Dat wär och fir d'Leit dobausse méi plausibel gewiescht. Dat wär méi eng interessant Diskussioun ginn. An dann hätte mer wahrscheinlech och genau dat, wat mer jo wëllen erreechen, besser erreecht.

An duerfir, Här President, hätte mir gär, datt beim Vote herno de Chapitre 3 vun dësem Gesetz, all déi Artikelen - ausser natierlech selbstverständlech dee leschten, den Artikel 10, dee kann esou bleiwe wéi en ass; ech erspueren lech awer elo déi Erklärung, well déi hunn ech oft genuch hei ginn, do kennt Der lech denken, firwat dat ass -, mä all déi aner Artikelen, bei deene géinge mir eis enthalte bei der Ofstëmmung, well mer déi net wëllen an deem Mooss matdroen. Mir stëmmen dann awer herno, wéi gesot, d'Gesetz als solches mat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun ass och, bei all deem Positiven a wéi dat hei zustane komm ass, net der Meinung, datt déi heite Mesuren duer wäerte goen, fir eis mëttelfristeg bis langfristeg gréisser strukturell Problemer, déi mer hunn, sief et bei de Krankekeesen, sief et bei de Pensiounskeesen an och nach op aneren Niveauen, ze léisen. Mir müssen déi Debatt och féieren. Mir kommen net do derlaanscht. Duerfir ass dat heite sécherlech alles schéin a gutt fir dës Legislaturperiod. Et sinn och eng Rei Mesuren, déi, dat muss een zouginn, ginn doriwwer eraus. Ech hu se jo och virdrun opgezielt. Mä mir kommen net derlaanscht, fir awer och eng kéier déi aner Diskussiounen a Rou ze féieren.

Eigentlech si mir nach ëmmer traureg, datt mer et net fäerdeg bruecht hunn, effektiv en, mir hunn ëmmer gesot Zukunftsdesch - d'Demokratesch Partei hat en neien Ulaf geholl an dëser Legislaturperiod mat enger Motioun, wou et nach erëm e bëssen anescht genannt ginn ass, dat ass eis och zimlech egal -, mä datt mer endlech an iergendenger Form erëm eng kéier eng Aart ronnen Dësch zesummekréien, wou mer generell iwwert d'Zukunft vun dësem Land diskutéieren. Wéi wëlle mer eis ekonomesch entwëckelen? De Sozialstat wëlle mer erhalen: Wéi solle mer dat maachen? Wou sinn dann d'Schwaachstellen? Wou sinn d'Risiken an d'Geforen? E ronnen Dësch, wou all déi grouss Thematike wéi Krankekeesen a Pensiounen och all mat dra sinn, an dann zesummen als Parteie kucken e positiivt Signal ze ginn an d'Gesellschaft, fir déi Dossieren do unzuegoen.

Well, mir sollen eis hei näischt virmaachen. Mir kënnen eis als klengt Land nach vill manner leeschte wéi Frankräich oder Däitschland, fir bei esou Theme wéi dat do, déi essenziell si fir d'Weiderentwëcklung vun dësem klengen Land, mat Polemik a Populismus ze spillen. Dat kann een natierlech maachen. Sécher-

lech fënnt een och do e grouss Ouer bei Leit an eiser Gesellschaft. Mir mengen awer, datt dat héichgradeg riskant ass, zumools well mer och nach zu Lëtzebuerg eng Gesellschaftszesummesetzung hunn, déi jo ganz speziell ass.

Mir hunn eng Gesellschaftssituatioun - an dat hunn ech och schonn oft gesot -, déi entre-temps dra besteet, datt déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg am produktive Secteur tätég sinn, gréisstendeels keng demokratiesch Rechter hunn. Dat huet natierlech e groussen Afloss op déi Diskussiounen an dat bréngt awer och natierlech desto méi Gefore mat sech, an ech mengen duerfir, datt et net ubruecht ass, zu dësem Thema Polemik ze maachen.

Mir si gewëllt, dat hu mir vun Ufank u gesot, hei sachlech ze diskutéieren. Mir soen op deene Punkten, wou mer net averstane sinn, wou mer aner Saache gemaach hätten, och wat mer anescht géinge maache wéi dës Regierung, an där Punkte gëtt et eng ganz Rei. Et kommen der och nach derbäi bei anere Mesuren, déi am Kader vun der Tripartite oder vum Premier hei opgeworf gi sinn am Kader vum Etat de la nation. Mä hei kënnt et drop un, wéi gesot, datt ee seet, wou een net d'accord ass, et sachlech seet, awer dann och hannendru wann ech gelift seet, wéi een et anescht géing maachen a firwat een et géing anescht maachen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Bausch. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus e Merci un de Kolleeg Norbert Haupt, deen an enger Rekordzäit dëse Rapport huet missen erstellen.

Ech mengen, et ass e Gesetz, wat am Schnellverfahren hei iwwert de legislative Wee geet. Mir hunn eis an deene leschte Méint jo dacks mat der Aarbecht vum Conseil d'État ausenaner gesat. Hei schéngt et awer, wéi wann all Institutiounen hei am Land eng Hand mat ugepaakt hätten, an d'Kommissioun huet et fäerdeg bruecht, an enger Stonn d'Gesetz virgestallt ze kréien, d'Avisë vum Conseil d'État duerchzehuelen, vun der Privatbeamtechamber, vun der Chamber vun de Fonctionnaires et Employés publics, de Rapport virgestallt ze kréien, an de Rapport ass gestëmmt ginn. Et gesäit een, wann hei zu Lëtzebuerg eppes muss beweegt ginn, well mer ënner Zäitdruck stinn, da bréinge mer dat souguer fäerdeg.

Firwat maache mer awer dat Gesetz hei, Här President, Dir Dammen an Dir Hären? Ma dat muss ee kloer soen, dat ass zrëckzeféieren op d'Konsequenze vun enger falscher Finanzpolitik, déi déi lescht CSV-DP- an och an den éischten zwee Joer d'CSV-LSAP-Regierung gemaach hunn. Mir hunn als ADR scho virun de Chamberswahlen ëmmer drop opmierksam gemaach, datt mer als Gesellschaft géife méi Geld ausginn, wéi mer géife verdéngen, an datt eréischt no de Chambers- an no de Gemengerotswahlen am Fong d'Kaz richtig aus dem Sak gelooss géif ginn.

Et war duerchsichteg aus elektorale Grënn, datt d'Regierungsparteien ëmmer versicht hunn duerstelle virun de Wahlen, wéi wann d'Finanzsituatioun vum Stat nach gutt wier, a wa mir de Contraire gesot hunn, dann ass eis Panikmaacherei a Populismus an desgläiche virgeworf ginn. D'Zäit huet eis awer Recht ginn a scheiwerchesweis huet d'Parlament, huet d'Land

d'Wouerecht gesot kritt, wéi et wierklech ëm d'Finanzsituatioun vun dësem Stat bestallt ass.

An net méi schnell wéi elo virun aacht Deeg ass am Fong dat lescht Beispill, wéi mer d'Konte vun 2005 virgestallt kritt hunn, do hu mer nämlech festgestallt, datt mer also och virun de Wahlen an nach virun e puer Méint souguer nach bei den Debate vum Budget vun 2006 aner Chiffere virgeluecht kritt hunn, wéi d'Realitéit war.

Wéi mer de Budget 2005 gestëmmt hunn, war e Mali virgesi vun 106 Milliounen, elo bei de Konte stelle mer fest, datt mer e wierkleche Mali hu vu 694 Milliounen Euro. An déi sinn iwwert d'Reserve budgétaire finanzéiert ginn, woubäi ee weess, datt dës Reserven Enn 2004 nach e Plus hate vun 213 Milliounen an datt elo, nodeem datt de Mali vun 2004 bezuelt ginn ass, et keng Réserve budgétaire méi gëtt, mä datt dëse Kont an engem Mali elo steet vu 464 Milliounen oder ëmgeréicht 18 Milliarden aler Frang.

Mir hunn also geschwënn net nëmme keng Sue méi op de Fongen, mä och déi sou genannte Réserve budétaire ass elo scho ferm an de Keller gaangen.

Et géing natierlech ze wäit féieren, fir elo nach d'Finanzsituatioun vum Stat méi wäit ze analyséieren, wéi mer dat am Fong misste maachen, mä dat hu mer jo scho bäi dem Budget gemaach, mä et ass awer elo scho kloer, datt och mat deene Moosnamen, déi an der Tripartite festgehalde si ginn, mer d'Statsfinanzen net wäerten an den Équibler bréngen, well wa mer dat musse maachen, muss dach op villen anere Punkte beim Stat ëmgeduecht ginn.

Duerch dës falsch Finanzpolitik vun deenen zwou leschte Regierungen, a speziell vun den CSV-Finanz- a Budgetsministeren, muss ee jo praktesch elo soen, muss elo d'ganz Land bludden.

Haut stëmme mer en éischt Gesetz, wat den Index manipuléiert, jo praktesch kann ee soen, de facto ofschaaft. Am éischten Artikel 1 vum Gesetzesprojet steet, datt d'Upassung vu Gehälter a Léin, Pensiounen a Renten an all aner Indemnitéiten a Montanten, déi generell un den Index ugepasst si ginn, an de Joren 2006, 2007, 2008 an 2009 no festen Daten ugepasst ginn, onofhängeg wéi den Erfalsdatum vun enger Indextranche ass. Am Kloertext: Den Erfalsdatum gëtt no hanne verréckelt.

Déi Tranche vum 1. Juli 2006 gëtt den 1. Dezember 2006 gestëmmt. Am Joer 2007 gëtt déi Tranche, déi dann erfällt, op den 1. Januar 2008 verluecht, a jee nodeem wéi d'Uelechpräisser sech entwëckelen, kann et och den 1. März 2008 ginn. Déi vun 2008 gëtt op den 1. Januar 2009 verréckelt. Ausser dësen dräi no hanne verréckelten Indexupassung ka keng aner an där Zäitspan erfalen.

D'Privatbeamtechamber mécht drop opmierksam, datt, wa par hasard duerch d'Inflatioun zwou Indextranchen an engem Joer géifen erfalen, eng komplett da verluer wier. Et ass dës sécherlech en theoretescht Beispill, wou d'Zäit muss weisen, ob et dat géif ginn.

Dat ass natierlech eiser Meinung no net dat Schlëmmst. Wouriwwer awer bis elo nach guer net geschwat ginn ass oder zumindest nëmme niewesächlech, dat ass, datt mat dësem Gesetz den Index de facto mam 1. Januar 2009 ofschaaft gëtt. Am Gesetz wat haut gestëmmt gëtt, ass just festgehalten, wéi bis den 1. Januar 2009 d'Indextranchen erfalen; wat no dem 1. Januar 2009 geschitt, steet awer net an dësem Gesetz dran.

Den Indexmechanismus besteet wuel nach weider, wat d'Berechnungsbasis ubelaangt, mä vu wéini un no 2009 d'Berechnungsbasis fir eng nei Indextranche erëm zielt, steet net an dësem Gesetz dran.

Den Index gëtt also haut mat Datum vum 1. Januar 2009 ofschaaft, a fir datt no 2009 erëm eng Indextranche kann erfalen, muss en neit Gesetz zu deem Zäitpunkt gestëmmt ginn.

Et hätt een also kënnen higoen, wann een net do iergendwéi eppes hannen am Käppchen hätt, wat ee wéilt 2009 maachen, an an dës Gesetz direkt asetzen, datt vum 1. Januar 2009 un erëm den normale Mechanismus gespillt hätt. Mä dat steet net an dësem Text dran! Duerfir gëtt et mat dësem Gesetz déi leschten Indextranche den 1. Januar 2009, a fir datt dono erëm eng kann erfalen, muss nei légiféiert ginn.

Et gëtt also mat dësem Gesetz weder moduléiert nach manipuléiert, mä den Index gëtt heimadder einfach massakréiert.

No de Wahle vum Juni 2009 muss dann, esou gëtt och haut de Mët-teg elo hei gesot, déi nei Regierung definéieren, wéi den Index soll nom 1. Januar 2009 weider fonctionnéieren. An et ass gesot ginn, deen nächste Wahlkampf, dat géif en Indexwahlkampf ginn. Mä et kann ee sech d'Fro stellen, wat fir ee Wäert e Wahlkampf huet, wat fir ee Wäert Wahlprogrammer hunn, well mer brauchen net op déi vun 2009 ze kucken, mä loosse mer op déi zrëckkucke vun 2002, wou jo och all Parteie sech zum Index geäussert hunn.

D'LSAP huet zum Beispill geschriwwen: „Mit den Sozialisten wird die automatische Anpassung der Löhne und Gehälter sowie der Renten und Pensionen an die Preisentwicklung beibehalten. Besonders Mindestlohn- und Mindestrentenempfänger sind auf diese automatische Indexbindung angewiesen.“ Haut gëtt den Index bis 2009 manipuléiert an ofschaaft - dat mat der Majoritéit hei vun de Sozialisten!

„Mir paken et un!“, hu se virun de Wahle gesot, haut hätte se besser, si géife soen: „Mir paken an.“

D'CSV huet an hirem Wahlprogramm geschriwwen,...

(Hilarité)

...an dat alles am Kader vum „séchere Wee“: „Wir bekennen uns zum Prinzip der automatischen Anpassung der Löhne, Gehälter und Renten sowie sonstiger Zulagen an die Entwicklung der Lebenshaltungskosten.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dovunner weess d'CSV, déi de Leit de séchere Wee versprach huet, haut näischt méi.

An och d'Demokratesch Partei: „Die DP hält am Prinzip der regelmäßigen Anpassung der Renten an die Entwicklung des Verbraucherindex sowie an die Entwicklung der Löhne fest.“

Hei ass also e Wielerbedruch am héchste Grad bedriwwen ginn, wéi d'Leit hei eppes versprach kritt hunn. Well d'Finanzsituatioun vum Stat, Här President, déi war och deene Parteie scho virun de leschte Chamberswahle bekannt. Si hate just net d'Eierlechkeet an de Courage, fir de Leit et ze soen. Si hunn also gewosst, datt d'Finanzsituatioun esou wier a si hunn hei wëssentlech de Leit eppes versprach, wat se dono net konnten halen.

Mä och d'Roll vun de Gewerkschaften ass ze hannerfroen, Här President, d'Roll vum OGB-L an dem LCGB, déi manifestéiert hunn, déi grouss Riede gehalen hunn, Éischt-Mee-Riede gehalen hunn „Fanger ewech vum Index“, déi vu Generalstreike geschwat hunn an déi elo domat averstane sinn, datt den Index manipuléiert an ofschaaft gëtt.

Den LCGB-President huet elo nach kierzlech, nodeem datt hie gesot huet „Fanger ewech vum Index“ a vu Generalstreike geschwat huet, elo nodeem en d'Manipulatiounen

akzeptéiert huet, elo virun e puer Deeg gesot, elo missten awer d'Fanger erëm vum Index ewechgehalé ginn.

Här President, wa mer elo géifen d'Fanger no dësem Gesetz vum Index ewechhalen, da krite mer no 2009 keen Index méi. Dat heescht, mir sinn elo condamnéiert dozou, fir d'Fanger erëm un d'Gesetz ze leeën, fir datt iwwerhaapt no 2009 kann erëm eng Indextranche erfalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mä och de Landesverband, vun deem jo och Kollegen hei an der Chamber sëtzen - an net déi mannste vun där Gewerkschaft -, huet elo eng Resolutioun geholl den 29. Mee 2006, wou se schreien: „1982 haben wird uns - mit Erfolg - gegen derartige Indexmanipulationen und -modulationen gewehrt. Danach hat die LSAP Regierungsverantwortung übernommen, mit dem Versprechen, keine Indexmanipulation zuzulassen. Wir fordern sie auf, dieses Versprechen jetzt auch einzuhalten. Außerdem fordern wir alle Abgeordneten, insbesondere auch die Mitglieder des Landesverbandes dazu auf, diesen einseitigen Austeritätsmaßnahmen nicht zuzustimmen.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot, dat ass awer eng Gewerkschaft, déi jo awer staark enger Partei hei nosteet.

En zweeten Deel vun dësem Gesetz betrëfft de familljepoliteschen Deel. D'Familljenzoulage ginn indexneutraliséiert, dat heescht an Zukunft net méi un den Index ugepasst, mä duerch fest Montanten ersat.

Ech erënneren nach eng Kéier un der CSV hire Wahlprogramm „Um séchere Wee“, aus deem ech dann och nach eng Kéier wëll virlesen: „Wir bekennen uns zum Prinzip der automatischen Anpassung der Löhne, Gehälter und Renten sowie sonstiger Zulagen...“ D'Gehälter an d'Renten, déi ginn zwar elo méi spéit un den Index ugepasst, mä si ginn awer alt nach ugepasst. Mä d'Zoulage wéi d'Gebuertenzoulag, d'Kannergeld, de Schoulufank, d'Erzéiungszoulag, de Congé parental, déi ginn iwwerhaapt net méi un den Index ugepasst, trotzdeem et am CSV-Wahlprogramm esou stoung. Mä grad Famillje mat Kanner, déi am meeschten vun der Kafkraaftverloscht beträff sinn, ginn duerch dëst Gesetz beträff.

Nieft allen aneren Erhéijungen, déi scho vun dëser Regierung an enger Rei vu Gemengen décidéiert si ginn an nach décidéiert wäerte ginn, ginn d'Famillje mat de Kanner elo nach eng Kéier méi haart getraff.

An ech wëll dann op dat, wat de Kolleeg Bausch elo ugeschwat huet, kommen, well ech war haut de Moie schockéiert, wéi ech am Lëtzebuerger Wort gelies hunn: „Blau-Grün wird teuer.“ Dat heescht, net doriwwer war ech schockéiert, well dat ass eng Realitéit an der Stad Lëtzebuerg, mä wéi awer zum Schluss vun deem Artikel steet: „Die CSV wird laut Mosar 'weiterhin wachsam bleiben, um sich familienfeindlichen Maßnahmen zu widersetzen.'“ Dat stoung haut de Moien am Lëtzebuerger Wort für Wahrheit und Recht!

(Interruptions)

An haut de Mëtte kritt déi ganz CSV geschlossen d'Geleeënheet, fir sech deene familljefeindlechste Moossnamen, déi jeemools an deene leschten 20 Joer dëst Parlament getraff huet, hei kënnen ze widdersetzen. An ech sinn iwwerzeegt, datt se just de Contraire maache wéi dat, wat haut de Moien hei am Lëtzebuerger Wort vun engem vun hiren Haaptleit, deen elo leider net hei ass, versprach ginn ass!

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Loosst den Här Gibéryen schwätzen, well seng Zäit ass elo geschwënn ofgelaf.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Jo, meng Riedezäit ass geschwënn ofgelaf, Här President.

Ech wëll och nach just soen, datt, wann och den 1. Januar 2008 déi Moossnamen do sollen ophalen an dann e Steierkredit amplaz soll kommen, dann ass dat net an dësem Gesetz festgehalé ginn, sou wéi d'Kollegen, déi an der Tripartite waren, dat ëmmer gesot hunn. Mir sinn awer fir esou Steierkrediter, well mir waren als ADR ëmmer déi Partei, déi vun den Negativsteiere geschwat huet, an dat dierft dann och elo de Fall sinn.

Här President, et wier nach villes ze soen, mä, wéi gesot, meng Riedezäit ass ofgelaf. Dëst Gesetz ass d'Konsequenz vun enger iwwer Jore bedriwwener falscher Finanzpolitik an duerfir wäert d'ADR géint dëst onsoziaalt a familljefeindlecht Gesetz stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.

M. le Président. - Merci, Här Gibéryen. De leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling. Här Jaerling, d'Tribün ass fir lech.

M. Aly Jaerling (Indépendant). - Merci, Här President.

Och dem Här Hauptert e Merci fir säin explizite Rapport. Den Här Hauptert ass jo deen, deen hei ëmmer virgeschéckt gëtt, wann delikat Projetë musse virbruecht ginn, déi hien awer hei ëmmer mat Brillanz...

Une voix.

M. Aly Jaerling (Indépendant). - ...fäerdeg bréngt eriwwerzebréngen.

Här President, wéi ech d'Konklusiounen aus der Tripartite matkritt hunn...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...an duerno och dëse Projet fir d'éischt an der Hand hat, do war mäin éischte Gedanken: D'Vollek huet sech seng Metzleren erëm eng Kéier selwer gewielt. A geschluecht ginn erëm eng Kéier déiselwecht: d'Salariéen, d'Rentner an d'Familljen. An dat och nach an enger Blëtztaktioun, wéi mer se seelen hei am Parlament erliewen. Et gëtt emol den Avis vun der Aarbechterkummer, wat eng Traditioun an och e Must misst sinn, net ofgewaart - sécherlech aus Angscht, well d'Aarbechterkummer dëse Projet géif auserneen huele wéi nach keen anere virdrun.

An als Motiv vun dësem Projet gëtt dann ugin: «Une première réforme pour gagner le pari de l'avenir!» Dat häls de net aus!

(Hilarité)

Wiem seng Zukunft? Der Wirtschaft hir, dem Kapital seng oder der Regierung hir? D'Zukunft ass op jidde Fall net méi dat, wat se eng Kéier war. Besonnesch de Salariéen, de Rentner an de Famillje hir. An dei Austéritéspolitik gëtt och nach als eng Urgence ugesinn. A fir d'Salariat, d'Rentner an d'Famillje kënnt et dann och knëppelhaart.

An deem Projet an aus den Tripartite-Proposé ginn nach eng aner Rei Schluechthausmesuren ugekënnegt.

D'Solidaritéitssteuer soll erhéicht ginn; an der Wunnenspolitik sollen nei Akzenter gesat ginn, déi bis zur Enttegnung féieren; an der Ëmweltpolitik sollen nei Akzenter gesat ginn; déi éischt Mesure, als ee vun deenen herrlechen Akzenter, ass dann eng Erhéijung vun den Autostaxen, an de Käschendeckungsprinzip soll bei de staatlechen a kommunalen Déngschtleeschungen agefouert ginn.

Dës praktikéiert Schluechthauspolitik gëtt dann och nach deelweis vun deene matgedroen, déi eigentlech sollten do sinn, fir d'Salariat, d'Rentner an d'Familljen ze schützen.

An dann d'Tripartite, d'Charcuterie-divisioun vun dësem Schluechthaus,...

(Hilarité)

...huet nees d'Messere geschlaaft a schnëppelt erëm erbaarmungslos un deene Klengsten, fir de potenzielle Feinschmecker aus der Regierung an dem Kapital déi beschte Stécker zoukommen ze loosse.

Dëst Gemetzels erënnert mech un den Ufank der 80er Joren, 1982, wou déiselwecht Austéritéspolitik agelaut gouf, zwar vun enger anerer Regierung an och aus aneren Ursachen, wat deemools souguer menger Usicht no berechtegt war, a wou och substanzuell Akommesquelle vum Salariat, de Rentner an de Familljen ugeschnëppelt goufen. Just mat deem Ënnerscheed, datt deemools verschidden heiteg Metzlergesellen op d'Strooss gaange sinn, fir datt hir Leit awer nach e Stéck Fleesch sollte matkréien a wann et och nëmme Gehäcks war.

Niewebäi hate se awer dofir gesuergt, datt hir politesch Metzlerkollege 15 Joer an d'Regierung koumen an haut erëm drasëtzen an datt en anere vun hinnen e Sëtz am Statsrot krut fir trei Déngschter an der Charcuteriesdivisioun.

Deemools - an och nach déi Joren dono - ass den Index wéi eng helleg Kou behandelt ginn. Haut gëtt och déi indesche Traditioun begriewen. An dat mat sechs Hären aus de Gewerkschaftsreien.

(Hilarité)

Glécklecherweis gëtt et awer nach sozial Parteie wéi déi Lénk an d'Komunisten, awer och Gewerkschaften wéi den NGL an d'Fédération syndicale, déi dat soziaalt Gemetzels do net wäerte matmaachen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

(Interruptions)

Dat deet wéi, gell.

(Interruptions et hilarité)

Här President, dat, wat haut verbrach gëtt am Concubinage mat de Sozialpartner, ass dat Aarmséilegst, wat ech hei bis elo erlieft hunn. Hei gi just déi bei d'Lisaett gelooss, déi schonn näischt hunn. D'Salariat muss op seng gesetzlech geschëllten Upassung un d'Deirecht verzichten, well d'Regierung an hir Gewerkschaftskumpane feig sinn, ze feig, fir vun deene Solidaritéit ze verlaangen, déi Joer fir Joer Milliargedewënner hei aus dem Land schleefen an do derbäi ëmmer erëm hannen eragestach kréien, well gefaart gëtt, si kënnten eng Kéier pupen.

Da gëtt et och nach eng Gewerkschaft, déi weist dem Patronat de béise Fanger, mat deem se elo an engem Bett läit, fir d'Austéritéitsmoossnamen ze beschléissen. Dat ass Hypokrisie héich siwen.

(Interruption)

Här President, d'Rentner ginn dann och nach erëm eng Kéier duebel gestriit. Déi Leit mat klenge Rente mussen d'Konsequenze vun der inflationärer Präisentwécklung am Virus erliden, ouni datt se dofir déi gesetzlech Upassung iwwert den Index kréien, an och net am gesetzlechen Délai zougestane kréien. A se mussen anerhallet Joer méi laang op hire geschëllte Rentenajustement waarden.

Och d'Famillje ginn där vun dëser Regierung applizéiert Schluechthauspolitik zum Affe. D'Kärzell vun

der Gesellschaft - an dat ass nun eemol d'Famill - kritt de Bifdeck ewechgeholl a ka sech nach just Gulasch leeschten. A wann et esou weider geet och nach just souguer nëmme méi Gehäcks.

Et gëtt ëmmer iwwer eis demographesch Situatioun lamentéiert. Mat deenen onsoziale familljepolitesche Moossnamen do brauche mer eis net ze wonneren, datt et der ëmmer mander ginn, déi wëllen eng Famill grënnen. An dat wäert an Zukunft och nach schlëmmer ginn.

Ech huelen nëmme als Beispill déi ugekënnegt Erhéijung vun den Autostaxen. D'Famillje mat Kanner schafe sech kee groussen Auto un aus Luxus, si brauchen esou en Auto. Si wäerten awer déi sinn, déi bei der Erhéijung vun den Autostaxen alt erëm eng Kéier bei d'Lisaett gelooss ginn. Fir déi Erhéijung unzékënnegen, ass natierlech ofgewart gi bis den Autofestival eriwwer war, fir datt d'Leit sech nach sollen en decken Auto kafen, fir dee se da jorelaang iwwer Taxen ausgepresst ginn a spéider näischt méi dofir erëmkreien.

(Interruptions)

Här President, zu engem gudden Schluechthaus gehéiert awer och eng Juegd. An déi ass elo op! Déi ass elo op op d'Familljenzoulagen.

Ech weess net, aus wat fir enge skurrile Käpp déi Iddi do erausgespruddelt ass, mä et ware sécher keng, déi Kanner hunn, soss wéisste se, wat et heescht Kanner ze erzéien, a wéissten och, wat et kascht, fir eng grouss Famill ze erhalen.

Wa mer ufänken d'Famill ofzewäerten an ze zerstéieren, dann zerstéiere mer d'Kärzell vun dëser Gesellschaft. Da précariséiere mer dat Schéinst, wat mer hunn, an dat ass eng gesond Famill mat Kanner. An dann huele mer just deenen aarme Familljen - wou mer jo hei ëmmer erëm vu Chancëgläichheet priedegen - d'Substanz vun der Gläichberechtigung ewech.

Här President, et ass och ëmmer erëm erstaunlech ze héieren, wat déi Eenzel soen, wann d'Propositione vun der Tripartite sollen ëmgesat a verdeedegt ginn.

Sou gëtt elo geschwat vun engem Putschversuch vun der Regierung géint d'Gewerkschaften. D'Regierung géif dat, wat an der Tripartite ofgemaach gouf, net respektéieren.

D'Privatbeamtechamber schwätzt vu Verletzung vun Tripartite-Ofkommes a verschiddene Punkten. Et ass zwar erstaunlech, well an der Privatbeamtechamber hunn déiselwecht Leit aus de Gewerkschaften d'Soen, déi haut dat anscheinend verletzent Tripartite-Ofkommes dann awer wäerte matstëmmen. Dat soll emol ee verstoen!

Wann dëst Gesetz gestëmmt gëtt, Här President, dann ass den Index dout, well dat spéider Ausbezuale vun den Indexbranchen ofhängeg gemaach gëtt och nach vun der Entwécklung vun de Pétrolspräisser. An dat heescht, datt mer risquéieren, esoubal keng Indextranche méi ze kréien. An dat hu mer och an der Vergaangeheet mat de Pétrolspräisser, wéi den Index manipuléiert ginn ass, jo scho materlieft.

An all déi, déi jorelaang gejaut hunn: „D'Fangeren ewech vum Index!“, wäerten haut hei mathëllefen eng déck Schëpp an d'Graf ze geheien, fir datt d'Lued vum Index net méi opgeet.

Et gëtt keen dräftege Grond fir dës Austéritéspolitik. An et gëtt scho guer kee Grond, fir d'Konsequenze vun deene Feeler, déi an der Finanzgestioun vum Stat geschitt sinn, elo op déi Klengst ofzewälzen, zumools, wou mer elo och nach kuerz virun enger historescher Stolfusioun stinn, déi dem Stat iwwer zousätzlech Dividende genuch Geld abrénge wäert, fir dat

budgetäert Lach awer wierklech voll ze stopfen.

Dofir, Här President, e Rot un d'Regierungsparteien: Zitt dësen onsoziale Projet zrëck! Oder, Dir an der CSV, sträicht „chrëschtlech“ a „sozial“ aus Ärem Numm! An déi aner solle sech och net méi „Sozialisten“ nennen, well se déi sozialistesche Grondwäerter vergiess hunn. Oder fusionéiert, an nennt lech „Schluechthausliga fir de sozialen Ofbau!“ Da wëssen d'Leit weins-tens, wou se mat lech dru sinn.

Ech soen lech Merci.

Une voix. - Et kann ee vill soen, Här Jaerling.

(Hilarité)

Une autre voix. - De Gemen-gerot hëlleft.

M. le Président. - D'Riednerlëscht ass ofgeschloss. D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Wirtschaftsminister Krecké.

M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Economie et du Commerce extérieur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Diskussioun, déi mer hei féieren, gëtt virum Hanergrond gefouert vun deenen Diskussiounen, déi och elo während Méint um Niveau vun de Sozialpartner gefouert gi sinn. Dir wësst, dass mer Erausforderungen hei zu Lëtzebuerg op verschiddenen Niveauen hunn: Déi eng ass déi vum Statsbudget; déi aner ass déi vun eiser Kompetitivitéit, a selbstverständlech dorunner hänkt och déi ganz Diskussioun iwwert d'Aarbechtsplazen, iwwert d'Aarbechtslosegkeet hei zu Lëtzebuerg.

Ech mengen, mir hunn eng Rei Pisten, déi mer musse verfollegen, wat eis Kompetitivitéit ubelaangt. Dat wäert net esou einfach ginn. Esouguer wa mer soen, mer géingen an Zukunft méi op héichwäerteg Produkter setzen, héichwäerteg Services, da muss ee feststellen, dass a sou genannten neie Länner am Fong geholl déi och ganz schnell dat do iwwerhuelen, an dass mir am Fong geholl eppes musse maachen: Nischepolitik; kucken d'Stärkte besser ausnotzen; kucken déi Saachen ausnotzen, wou mer glaubwürdeg sinn, a selbstverständlech kucken, do, wou d'Konkurrenzfähigkeit vun eis schwaach ass, déi ze verbessern.

Dat do, Här President, wäert net mat enger Moosnam goen. Dat geet nëmme mat engem Pak vu Moossnamen. An ech muss soen, vu Secteur zu Secteur wäert et verschidde sinn. Et gëtt Secteuren, do ass et méi wichteg, dass mer eng international Schoul hei hunn, déi capabel ass deene Manager, déi op Lëtzebuerg kommen - well dat eng Konditioun vun deenen ass -, hir Kanner ënnerdaach ze bréngen. Et gëtt Secteuren, do sinn eis Connectioun mam Ausland, wat d'Fluchlinien ubelaangt, dat Wichtigst. Wann ech d'Handwierk kucken, do ass dat, wat an der Groussregioun leeft, wéi d'Entwécklung ass vum Loun an der Groussregioun, wéi d'Käschen an der Energie sech entwéckelen, wichteg. An et gëtt e puer vläicht méi allgemeng Punkten, wou ee kann agéieren.

Den Här Hauptert an och hannendrun de Lucien Thiel, den Här Fayot, sinn op déi Punkten agaan, déi am Fong geholl vum Premierminister den 2. Mee hei duergeluecht goufen. Op de Grond, firwat dass mer higaange sinn, fir an enger ganzer Rei Beräicher Moosname mat de Sozialpartner duerschzeschwätzen, wëll ech net frësch agoen. Ech mengen, besonnesch de Rapporteur huet dat op eng flott Aart a Weis duergeluecht, firwat dass mer dat hei u sech maachen. Duerfir mengen ech, wier et sënnslos, dass ech nach eng Kéier op déi Diskussioun geing agoen, d'autant plus, dass mer déi Diskussioun eréischt Ufank Mee gefouert hunn.

Ech wollt trotzdem just de Kollege vun der DP eppes soen, déi, mengen ech, jo eng Auseenersetzung och op deem Sujet gefouert hunn. Si haten 33 Propositionne gemaach. Ech muss zwar soen, dass ech bei där spezifischer Proposition –dem Index -, iwwert déi mer haut schwätzen, zwar nach net richtig gesinn, wat d'Alternativ wier an deem dote Fall, mä ech wollt just soen, do wou ech - mir kënnen iwwer esou Saache vläicht en Désaccord hunn - awer fannen, dass Der net richtig leit, dat ass do, wou Der sot: Jo, mä Dir hutt net gesot, wat déi nei Politike sinn.

Eleng am Telegrammstil, an developpéiert awer trotzdem an der Ried vum Premierminister, hutt Der an dësem Projet de loi op der Sait 7 all déi nei Politikementer opgezitt, déi an Zukunft wahrscheinlech verstärkt budgetär Mëttele wäerten hunn.

An duerfir wollt ech dem Kollege Meisch soen, dass, wat do steet iwwer Éducation, iwwer Kannerbetreuung, iwwer Logementer, iwwer Betreuung vum Alter, iwwer Kyoto, iwwer Forschung, iwwer Infrastrukturen, dat déi Felder sinn, déi an Zukunft Prioritéit hei zu Lëtzebuerg missten hunn. Ech wëll net soen, dass et nei Politikfelder sinn, mä déi mussen vläicht prioritär méi ënnerstëtzt ginn, méi gefördert ginn. Ech mengen, se sinn awer definéiert, an ech gleewen och net, dass mer grouss Divergenzen hunn op deene Punkten, déi ech opgezielt hunn, wann ech op alle Fall noliesen, wat Der gesot hutt.

■ **M. Claude Meisch (DP).** - Et war awer e bessi méi konkret.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Bon, Här Meisch, ech mengen, dat hu mer trotzdem gemaach an deenen Diskussiounen, déi mer den 2. Mee gefouert hunn. Ech hunn och net festgestallt, dass mer do esou grouss Divergenzen haten. Duerfir géng ech mengen, dass mat e bësse guddem Wëllen ee ka soen, dass mer eis hei an der Chamber souguer kënnten eens ginn iwwert déi Politikfelder, déi prioritär misste méi ënnerstëtzt ginn. Ech gleewen net, dass mer do esou grouss Ënnerscheeder gesinn. Vläicht op den Nuancen, vläicht op dem Niveau vun der Forderung, awer net op der Noutwendegkeet. Ech hunn dat op alle Fall an Ärer Ried nogelies an hunn net kënnen feststellen, dass do esou grouss Divergenze wieren.

Ech muss och soen, d'Kollege vun dem ADR, déi deen Discours, dee se gefouert hunn, jo des Öfters gefouert hunn, schwätzen ëmmer erëm dervun, dass u sech vun där heiteger Regierung eng budgetär Politik gefouert ginn ass, déi derzou gefouert huet, dass mer Defizitter kennen. Dat, wat ech net richtig erausfannen, mä ech lauschtere vläicht och net gutt no, dat ass do, wou si eventuell gesinn, dass mir konkret da sollen Agrëffer huelen, struktureller Natur, déi dauernd och halen...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Bei der Budgetsdebatt, Här Minister, hu mir 18 Propositionne gemaach.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Jo, ech konnt net feststellen, wou mer éischters...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir waart net do deemools.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Ma, et liest een awer Saachen no. Souguer hautdësdaags...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech sinn iwwerzeegt,...

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Dir wäert jo awer elo net

eng Prüfung mat mir maachen, Här Gibéryen?

■ **M. Henri Grethen (DP).** - Dir sidd amgaangen, eis allegueren opzefroen.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Neen, awer guer net. Ech hunn et erausfonnt, Här Grethen, dass mer vill Gemeinsamkeiten hunn. Dat hunn ech gesot. Dat nennen ech net Noté ginn, dat nennen ech Gemeinsamkeiten entwéckelen.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Krecké liest et awer intensiv.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Dir hutt ganz Recht. Ech liesen dat intensiv, a vergläichen et och mat de Realitéiten.

■ **Une voix.** - En ass de ganzen Dag schonn...

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - En ass... Wien?

■ **M. le Président.** - Ech géif elo drëm bieden, fir den Här Minister a Rou seng Ausféierunge maachen ze loosse.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Här President, wa mer also haut eng Diskussioun féieren iwwert den Index, dann ass et, well mer - an ech mengen, et ass och unerkannt vun de Sozialpartner - am Moment eng Inflation hunn, déi héich ass. Si ass net dramatesch héich. Et ass och normal, dass se méi héich ass wéi an deenen anere Länner. Et gëtt kee Land, wat héije Wuesstum huet, ouni dass et eng Inflation huet. Dat gitt Der net sichen.

Mä mir erkennen awer, dass et en Ënnerscheid gëtt mat deene Jore virdrun, well dee Wuesstum, dee mer hunn, trotzdem mat sech bréngt, dass déi Inflation, déi mer hunn, vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner méi grouss ass. An ech hu gesot, et ass net d'Konkurrenz aus Indien, aus Brasilien oder aus China, déi eis am meeschten um Häerz läit, well mer do souwéissou mat de Käschten net kënnen konkurréieren, mä mat där immédiate Regioun ronderëm eis, wou mer müssen oppassen, dass mer keen Dérapage hunn, weder um Niveau vun der Inflation an haaptsächlech op den Energiepräisser.

De Kollege Bausch huet drop higewisen, dass e groussen Deel vun där Inflation, wéi och an anere Länner, op Energieprodukter zrëckzeféieren ass. Net ze vergiesse och, dass beispillsweis bei eis, esoubal de Liter Bensin eropgeet, et evident ass, dass et eng Auswirkung op d'Inflation huet, déi méi grouss ass wéi an deene Länner niewendrun. Ganz einfach, well mir eng aner Struktur hunn, well mer manner Taxen hu wéi déi aner Leit, an doduerch effektiv dee Prozentsaz, deen um Basispräis ass, sech direkt ganz anescht auswirkt.

Ech sichen do keng Excusen. Ech probéiere just e puer Saachen ze explizéieren, wohlwëssend dass mer jo och decidéiert hunn, en deors vun deem, wat mer haut schwätzen, dass mer eng Rei Instrumenter wäerte méi genau kucken. Mir müssen déi Diskussioun mat eenzele Secteure féieren, fir ze kucken, dass mer Accordé kréien, wéi een e Präis brems. Mir kënnen keng Präisaccordé kréien, well dat léisst d'Konkurrenz an där Form net méi zou.

Mir mussen kucken, dass mer vläicht méi Transparenz kréien an eenzelne Präisser, an dass mer notament higinn, an an den eenzelne Secteuren e bësse méi op den Dësch leeën, wéi déi eenzel Präisentwécklung sech hunn. Mir hunn et um Niveau vun de Kontrakter, wat de Stat ubelaangt, gemaach.

Mir hoffen, dass och aner Secteure probéieren an de Kontrakter nëmme méi dat unzepassen, wat d'Masse salariale ausmécht, a mir probéieren d'Konkurrenz ze gebrauche fir all déi Punkten, wou mer eis e bësse vis-à-vis vum Ausland schlecht behandelt fillen, nämlech do wou mer iwwer Représentation-généralé mussen fueren, déi eis net gönschteg sinn. Dat si mer amgaangen - vu dass den Här Fayot dat gefrot huet - ze kucken.

Mir sinn amgaangen ze kucken, wéi mer zu Bréissel dat Element vun der Konkurrenz kënnen beméien, fir do weiderzokommen. Déi Studien, déi op e besseren Index an der Groussregioun sollen hiweisen, hunn ugefaangen. Kontrakter beim Stat ginn dës à présent schonn net méi ënnerschriwwen mat der Upassung un den Index, a wat d'Accord-volontairen ubelaangt, do sinn den Här Boden an ech amgaangen ze kucken, wéi mer mat de Secteure kënnten eens ginn.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Wat den Index elo ubelaangt, mengen ech, brauch ech net ze vill an den Detail ze goen. Ech wëll just kloer an däitlech soen, wann hei, besonnesch vun eenzelne Leit, gesot ginn ass, den Index, dee géng manipuléiert ginn, dee géng net bäibehale ginn - e gëtt bäibehalen! Mir brauche souguer kee Gesetz méi ze huelen no 2009, fir en erëm anzeféieren. En ass do an e bleift do! Déi automatesch Upassung ass do a si bleift do! Mir moduléiere se op deenen nächsten dräi Joer no engem ganz einfache Schema. Mir brauche kee Gesetz ze huelen, fir dat do erëm a Kraaft ze setzen. Mir mussen just e Gesetz maachen, wou mer de Raccord maachen, dat heescht, op wellechem Punkt mer de Raccord maachen,...

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Aaahhh!

(**Interruption**)

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - ...mä dat kann ee jo awer net, Här Gibéryen, dat kann ech jo awer haut net virausesinn.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dach, dach!

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Neen, dat ass net méiglech.

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dir kéint an d'Gesetz eraschreien, mir huelen den Niveau vum 1. Januar 2001.

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Neen!

■ **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dach!

■ **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Neen. Mir kucken, wéi d'Entwécklung vun der Inflation ass, an dann...

(**Interruption**)

Här Gibéryen, Dir hutt jo d'Méiglechkeeten zu deem Zäitpunkt, wou Der lech jo wënscht wärscheinlech an der Regierung ze sinn, dann nach dee Moment hingoen an dat Gesetz esou ze gestalten, wéi Dir dat wëlles hutt.

(**Hilarité**)

Am Moment ass et also ganz kloer, dass et just de Raccord ass, deen iwwer e Gesetz nach eng Kéier muss frësch geregelt ginn. Fir de Rescht applizéiere mer an deem Gesetz hei just dat, wat mat de Sozialpartner ofgemaach ass, nëmmen dat an näischt anescht.

Duerfir mengen ech huet et net vill Wäert, dass ech op den Detail aginn. Do si Saache gefrot ginn, déi net méi zur Diskussioun stinn. Dat do sinn, um Niveau vun der Tripartite, déi Accorden, déi mer fonnt hunn. Wann d'Chamber mat deenen Accorden d'accord ass, da soll se dat stëmmen. Ech wier frou, ech héiere jo och, dass eng breet Zoustëmmung dozou kënn.

Ech mengen, et kann een ëmmer bedauern, dass een eppes op de Mäerz festgesat huet, wat een hätt kënnen op den August festsetzen oder en anere Modell. Et waren aner Modellen ee Moment um Dësch. Deen hei ass gewielt ginn, well et zu engem Accord sollt kommen, an dat do war d'Basis vun deem Accord. Duerfir sinn ech och frou, dass ech op alle Fall spieren, dass eng ganz Rei Zoustëmmung hei an der Chamber zu deem Punkt vum Index kënn.

Wat de Wuerekuurf ubelaangt, esou mengen ech, ass och hei relativ kloer, dass een eng rasonnabel Consommation ustriift an déi rasonnabel Consommation bedéngt, dass een och eng ganz Rei Tax-Entwécklungen net méi décemment ka voll répercutéieren erëm eng Kéier an der Lounupassung, well ee soss ni esou wäit kënn, dass een, loosse mer soen, d'Verhale vun de Leit och anescht ka beaflossen.

Dat gesot, Här President, wëll ech net méi Zäit menger Kolleegin Marie-Josée Jacobs huelen, well si den zweeten Deel vun deem Projet wäert behandelen. Fir de Rescht soen ech deene Leit, déi heirunner geschafft hunn a wierklech schnell geschafft hunn, villmools Merci, well mer effektiv e bëssen ënner Drock sinn. Nach eng Kéier der Chamber an der Kommissioun a besonnesch hirem Rapporteur Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dann huet als lescht Riederin d'Madame Minister zoustänneg fir d'Famill, d'Madame Jacobs, d'Wuert.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, et ass sécher hei méi agréabel, fir Kannergeldserhéijunge verdeedegen ze kommen an unzekennege wéi d'Désindexation ze verdeedegen. An duerfir wëll ech och dem honorabelen Här Deputéierten Norbert Hauptert, deen dacks ganz technesch Problemer, och komplizéiert Finanzprojeten, déi de grouse Publikum dacks net interesséieren, hei virstellt, och als Rapporteur vun dësem Projet e ganz grouse Merci soen, dee sech a kuerzer Zäit mat vill Fläiss a gewëssenhaft wéi ëmmer...

■ **Une voix.** - Très bien.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - ...an dësen Dossier ageschafft huet.

Lëtzebuerg huet déi héchst Leeschtungen aus Europa, wat d'Ënnerstëtzung vu Famillje mat Kanner betrëfft. Och wann d'Chamber dës Désindexation gestëmmt huet, bleiwe mer op der éischter Plaz an Europa. Lëtzebuerg huet méi eng positiv demographesch Entwécklung wéi an aneren Nopeschlänner, an dat haaptsächlech duerch eng jonk Immigration, déi mer hunn. Iwwer 40% vun eise Schoulkanner sinn netlëtzebuergesch. Dat sinn awer och si, déi hëllefen an der Zukunft eis Sozialleeschungen ofsécheren. Dës jonk Familljen hunn dacks keng Familljen hei zu Lëtzebuerg, also och keng Grousselteren, fir si ze ënnerstëtzen, weder finanziell nach zäitlech.

Jonk Lëtzebuurger Famillje ginn ëmmer méi ganz oder Deelzäit schaffen an zu zwee schaffen, well se dat wëllen oder well se dat müssen, fir zum Beispill en Eegenheim

ze kréien. Dofir brauche mer an deenen nächste Jore verschidde Modeller a méi grousser Zuel fir d'Kanner ze betreiien, zum Beispill Crèchen, Maison-relais, Dageselteren, Garde vu kranke Kanner an esou virun.

Wa mer op der éischter Plaz sinn, wat d'Geldleeschtinge fir Kanner ubelaangt, da si mer awer wäit ewech, wa mer an der Lissabon-Strategie si fir Familljen a Beruff besser mateneen ze verbannen. Dofir mussen mer an deenen nächste Jore grouss Efforte maachen, net nëmme fir d'Kanner ze versueren, mä besonnesch fir hinnen d'Chance ze ginn, iwwer pedagogesch Konzepter sech besser ze integréieren an ënner anerem och eis Sprooch ze léieren.

Vill Kanner si mëttlerweil och Eenzelkanner. Fir hir Sozialisatioun ass et wichteg, mat anere Kanner ausser der Schoul zesummen ze sinn, am Spillen an ouni Leeschtungs-zwang Respekt, Toleranz, ouni Diskrimination an ouni Gewalt mat hire Kollegeinnen a Kollegen zesummeliewen ze léieren. Netlëtzebuerger a Lëtzebuerger Kanner, zesumme mat Kanner mat enger Behënnerung müssen hir Plaz an deene Betreibungsstrukture fannen. Wou kann ee besser léieren e verantwortungsvolle Mënsch ze ginn, Verantwortung a Participatioun ze léiere wéi a senger Fräizäit?

Wa mer - an ech sinn dovun iwwerzeegt, datt jidderen dat heibanne wëllt - eise Kanner besser Erfolgsméiglechkeeten an der Schoul an domat och herno an hirem Liewe wëlle ginn, da mussen mer méi Geld an Infrastrukturen an a Personal investéieren, fir dës Aufgaben ze erfüllen. Domadder wëlle mer net d'Elteren aus hirer Verantwortung entloossen. Och déi Elteren, wou Papp oder Mamm doheim bleiwen, fir sech ëm hir Kanner ze këmmen, verdéngen eis Unerkennung fir e wäertvollen Déngscht an der Erzéiung vun de Kanner.

Mir wëlle Méiglechkeeten ubidden, mä den Elteren de fräie Choix loosse, hir Kanner stonneweis, deegweis, wocheweis, wéi et ebe gebraucht gëtt, a gudde Konditiounen als klengt Kand oder Schoulkand opgehooll ze ginn. Jidderee ka krank ginn, och déi Mamm oder dee Papp, déi sech doheim ëm hir Kanner këmmen, an da wiere se sécher och frou, wa se kënnten op eng gutt Infrastruktur zrëckgräifen.

Ech kann net an dëser Debatt op all Eenzelheete vun deene verschidde Konzepter agoen. Ech sinn awer gäre bereet, dat hei ze maachen, wann dat de Wunsch vun der Chamber ass, esou wéi den Här Bausch dat gefrot huet. Ech kann awer garantéieren, datt déi Moosnamen, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, gutt iwwerluecht sinn, gutt duerchduecht sinn an och vu grousser Qualitéit sinn.

Wat d'Désindexation vun de Leeschtungen am Kannergeld ubelaangt, bréngt dat eng Erspueris fir 2007 vu 16,7 Milliounen, 2008 32,6 Milliounen a 2009 56 Milliounen. Dozou gehéiert och d'Désindexation an d'Netajustéiere vum Forfait d'éducation oder der Mamerent.

Niewent de Strukture fir d'Kanner brauche mer och an deenen nächste Joren zousätzlech Plazen a Servicer fir déi eeler Matbierger, déi ebenfals vill Geld kaschten, eng Kéier bei den Infrastrukturen an zweetens och beim Personal, wat do gebraucht gëtt. Dës lwwerleeungen hunn dozou gefouert, datt d'Regierung mat de Gewerkschaften verhandelt huet, an ech wëll de Gewerkschaften hei, dem LCGB, dem OGB-L an och der CGFP, an dem Patronat net ofspriechen, datt si duerfir keng sozial Oder hätten, fir an deenen nächste Joren op dës Wee ze goen. Et ass net deen einfachste Wee, mä et ass e verantwortlechen, fir deenen neien Erausforderunge vun eiser Gesellschaft gerecht ze ginn.

Mir hu mat de Sozialpartner ofgemaach, e System vun de Steierkreditte op Basis vun de Viraarbechte vum Conseil économique et social bis den 1. Januar 2008 anzeféieren. Domat soll deene Leit mat männer Akommes méi gerecht gehollef ginn. An ech wëll och hei drun erënneren, datt mer eng Motioun ugeholl hu vun der Demokratescher Partei, fir nach eng Kéier d'Transfert-socialen nozekucken an opgrond dovunner dann och méi eng geziilten Hëllef kennen ze maachen.

Kréie mer bis 2008 dee Crédit d'impôt net stoen, leeft vum Januar 2009 den Index erëm automatesch. En Aarbechtsgrupp gëtt dofir am Finanzministère agesat, fir dee Crédit d'impôt auszeschaffen. Mir hunn an dësem Projet de loi vun haut déi nominal Wäerter vun deene verschiddene Leeschtungen ageschriwwen, fir domat all juristesche oder och soss Onsicherheeten ze verhënneren.

Zu Lëtzebuerg liewen ongeféier 100.000 Kanner oder Jugendlecher zwëschen 0 a 17 Joer. An d'Kannerzuel ass 2,81% 2005 eropgaange vis-à-vis vun 2,76% 2004. 2005 si 709,31 Milliounen Euro Kannergeld plus Allocation scolaire ausbezuel ginn. 709 Milliounen Euro! Mir mussen eis emol eng Kéier ausrechnen, wéi vill datt dat an den ale Frangen ausmécht. Ech mengen, da gëtt déi Zuel nach méi impressionnant wéi dat, wat mer hei héieren.

(Interruption)

28 Milliarden, dat ass schéin.

2001 hate mer 9.000 Dossierë fir Frontalieren; 2005 sinn déi Dossieren op 15.000 eropgaangen, déi d'Ënnerscheeder gefrot hate vum Kannergeld zwëschen Lëtzebuerg an hirem eegene Land.

D'lescht Joer goufe 400 méi Gebuertsprimen ausbezuel wéi 2005, mat engem Chiffer vun 8,7 Milliounen Euro fir 15.466 Gebuerten am Ganzen. D'Zuel vun den Erzéiungszoulagen ass liicht zrëckgaange vun 10.247 op 10.191 Famillien. De Congé parental huet 2005 55.419.230 Euro kascht, mat enger Zuel vu Congé parental, déi stänneg eropgeet, a vun deem pro Mount iwwer 3.000 Leit profitéieren.

Ech si ganz frou an houerreg, datt och ëmmer méi Papp vum Congé parental profitéieren. 2004 waren et 21,5%; 2005 waren et 23,6%. D'Pappen huelen haaptsächlech den zweete Congé parental, a mir leien elo bei 23,6% Papp wäit iwwer den Elterecongéen, déi an aneren europäesche Länner geholl ginn.

D'Kannerbetreung ass net nëmme méi d'Aufgab vun der Mamm. D'Kannerbetreung ass och d'Aufgab vum Papp, an och eng Chance fir de Papp, fir sech kënnen ëm seng Kanner ze këmmen. Dat ass also net richtig, fir ze soen, d'Eltere wëllt sech net méi ëm hir Kanner këmmen: Dës Zuele beleechen de Contraire an doriwier sollte mer eis all freeën.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet mat de Sozialpartner zesumme dës Paquet gemaach, dee sozial verträglech ass an den neien Erausforderungen vun eiser Gesellschaft gerecht gëtt.

Loosse mer alle Leit, déi an eisem Land liewen, d'Chance ginn, hiert Liewen ze réusséieren. Mir kënnen allegueren nëmmen dobäi gewannen, an duerfir soen ech deenen alleguerte Merci, déi dës Gesetz wäerte stëmmen.

Merci.

■ **Plusieurs voix** - Très bien!

■ **M. le Président**.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 5580.

Am Numm vun der Fraktioun vun deene Gréngen huet den Här Bausch gefrot, den Artikel 43 vum

Chamberreglement geltend ze maachen, a freet e Vote séparé iwwer d'Artikele 4, 5, 6, 7, 8 an 9. Mir mussen eenzel iwwer déi eenzel Artikelen dann ofstëmmen.

Ech froen den Här Bausch, ob hie freet, dass de Vote électronique bei deenen Artikele gemaach muss ginn?

(Négation)

Gutt.

Vote de l'article 4

Da stellen ech d'Fro: Wien ass d'accord mat dem Artikel 4 vum Projet de loi, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen?

Ech gesinn, datt eng Rei Leit sech enthalten hunn, mä et ass eng iwwergrouss Majoritéit dofir.

(Interruption)

Ech hunn hei gesinn, dass d'Fraktioun vun deene Gréngen an d'demokratesch Fraktioun sech enthalten hunn, d'Membere vum ADR hunn dergéint gestëmmt an den Här Jaerling och dergéint.

Voilà. Also hu mer d'Majoritéitsfraktiounen, déi dësen Artikel gestëmmt hunn; d'Oppositioun huet zum Deel sech dobäi enthalten, dat heescht d'Fraktiounen vun der Oppositioun hu sech enthalten. D'Membere vum ADR waren dergéint an och den Här Jaerling war dergéint. Ech mengen, elo wär et kloer an dättelech.

Vote de l'article 5

Wien ass d'accord mam Artikel 5? Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

D'Resultat ass, d'Majoritéitsfraktiounen sinn derfir; d'Oppositiounsfraktiounen enthalen sech, an d'Membere vum ADR an den Här Jaerling hu mat Neen gestëmmt.

Vote de l'article 6

Wien ass derfir? Wien ass dergéint? Wien enthält sech? D'Resultat ass datselwecht wéi bei den Artikele virun.

Vote de l'article 7

Wien ass derfir? Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Ebenfalls datselwecht Resultat.

Vote de l'article 8

Wien ass derfir? Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Ebenfalls datselwecht Resultat: D'Majoritéit ass derfir; d'Fraktiounen aus der Oppositioun enthalen sech an den ADR an den Här Jaerling stëmmen dergéint.

Vote de l'article 9

An dann de leschten Artikel, den Artikel 9. Wien ass d'accord domadder? Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Et ass datselwecht Resultat.

Domadder ass d'Resultat vum Vote vun den Artikelen 4, 5, 6, 7, 8 an 9 dättelech: D'Artikele sinn ugeholl. Mir stëmmen elo iwwer de gesamt Projet de loi of. D'Ofstëmme fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmme bei fënnf Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich,

Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par Mme Claudia Dall'Agnol) et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Claude Meisch), Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

(Interruptions)

Ech hu gemierkt, dass d'Majoritéit heibannen déi Dispens gëtt.

(Hilarité)

Dir Dammen an Dir Hären, et ass dem Statsminister net méiglech, fir an dës Minutte schonn hei an der Chamber ze sinn. Et dauert nach ee Moment bis hie kënnt. Duerfir géing ech lech proposéieren, dass mer elo direkt géifen iwwergoen zur Aktualitéitsstonn, déi d'demokratesch Fraktioun ugefrot huet iwwer d'Problematik vun der Prostitioun. D'Madame Flesch huet d'Wuert.

■ **Mme Colette Flesch (DP)**.- Zum Ordre du jour, Här President, an zu deem, wat Dir proposéiert: Ganz d'accord, mä awer net, dass dat dann ënnerbrach gëtt, an dann erëm ugefaange gëtt. Wa mer dat elo ufänken, da solle mer dat bis zum Enn féieren, well soss gëtt dat ze vill Duerjerneen.

■ **M. le Président**.- Ech denken, Madame Flesch, dass dat eng rësonnabel Propositioun ass, déi Dir gemaach hutt, déi ech och deementspriedchen wollt esou behandelen.

D'Riedezäit ass folgendermoosse festgehalen: D'demokratesch Fraktioun huet zéng Minutten Zäit, déi aner Fraktiounen fënnf Minutten, d'Sensibilités politiques zwou an d'Regierung eng Véierelstonn. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, d'Madame Err an d'Madame Loschetter. D'Wuert huet elo den Här Xavier Bettel als Vertrieeder vun der DP-Fraktioun.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet des problèmes de la prostitution au Luxembourg

■ **M. Xavier Bettel (DP)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz frou, dass mer haut kënnen iwwer e Sujet schwätzen, deen net oft hei um Ordre du jour an dëser Chamber diskutéiert gëtt: dee vun der Prostitioun, e Sujet, deen e bëssen tabu zu Lëtzebuerg ass a wou, wann ech d'Texter kuckt, eis Léiglatioun - kann ee soen - e bëssen hypokritesch ass.

Här President, ech mengen déi heiten Zeitung „Luxbazar“ kritt een iwwerall ze kafe fir 1,70 Euro.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Ech weisen lech et just hei.

(Hilarité)

Also, Dir kënnt hei alleguerte laachen a schockéiert sinn op där en-

ger oder anerer Sait, mä wann Dir d'Artikele géift liesen, wat drasteet, also d'Annoncen; ech liesen lech just eng vir: «Megane se déplace gratuitement chez toi, hôtel ou pour massages, fellation, sado, domination, uro, scato, sodomise aussi les hommes, à partir de 13 heures, 1,65 m, 55 kg, cheveux noirs» - mat der Telefonsnummer. Dat heiten ass just eng, Här President.

(Interruptions diverses)

■ **M. le Président**.- Wann ech gelift!

■ **M. Xavier Bettel (DP)**.- A genau dat, wat den Här Henckes gesot huet, Här President, ass dat, wat wichteg ass: Dës Zeitung ass och public. An déi Annoncé si grad op där Sait vun der Kinderbekleidung, Herrenbekleidung, Damenbekleidung. Il faut le faire!

Den Artikel 382 vum Code pénal seet: «Sera puni d'un emprisonnement de huit jours à six mois et d'une amende de 251 euros à 5.000 euros ou de l'une de ces peines seulement, quiconque par gestes, paroles, écrits ou par tous autres moyens procéderait publiquement au racolage de personnes...»

Hei si jo awer dann, wann een hei kuckt, aacht Säiten, wann een d'Gesetz géif applizéieren, wou jo e Racolage écrit gemaach gëtt duerch Annoncen.

Wann een déiselwecht Artikele kuckt, Här President, vum Code pénal iwwer d'Prostitioun am Chapter 6, kann ee jo feststellen, dass hei zu Lëtzebuerg d'Prostitioun net verbueden ass. D'Prostitioun vu Majeuren ass net verbueden. Mä wou mécht eng Prostituéiert dann hir Aarbecht? Op der Strooss dierf se net racoléieren; d'Gemeng Lëtzebuerg huet probéiert se ze cantonnéieren op déi eng oder aner Plaz. Wa verbaliséiert gëtt, gëtt awer vun de Riichter gesot, dass dat net wichteg wär an net pousuivéiert misst ginn, mä wann een d'Texter kuckt, da risquéiert tout propriétaire ou tout logeur vun engem Appartement, tout hôtelier, deen enger Prostituéiert en Appartement oder en Zëmmer verlount, fir e sexuellen Akt ze maachen, Prisong vu sechs Méint bis dräi Joer.

Wou muss dann d'Prostituéiert hir Aktivitéit bedriewen? Am Auto oder doheem beim Client! Et sinn déi zwou eenzeg Méiglechkeeten, oder wann een den Text kuckt, d'Prostituéiert ka just hir Aktivitéit bedriewen, wa se selwer Propriétaire vun engem Appartement ass, well se jo da kee Contrat de bail huet.

Kommt mir sinn eis eens, an ech mengen d'Situatioun ass jo esou, dass déi Meedercher dann um Trottoir stinn, do an den Auto klammern, an do véier- bis fënnfmal am Owend hir Aktivitéit bedriewen. Keng Dusch, kee Bett, an et ass en plus nach duerch de Fait, dass et op der Strooss ass, public. Dat heescht et kéint ee se och nach pousuivéiere mam Client fir Exhibitionismus wéinst engem Acte sexuel op der Strooss.

D'Aktualitéit ass einfach, dass et am Moment pulluléiert an der Stad vun Appartementen, wou esou Aktivitéite gedriwwen ginn a wou de Propriétaire awer kéint geklaakt ginn. En Hôtelier, deen da seet, hei mir stellen lech dann eng Kummer zur Verfügung fir eng Stonn, kann och hei légalement op d'Gericht geholl ginn a bestrooft ginn.

Duerfir hat ech viru kuerzer Zäit och der Madame Minister eng Question parlementaire gestallt, firwat een zu Lëtzebuerg keen Eroscenter kéint maachen. Wann ee kuckt wéi et an Däitschland ass oder wéi en Eroscenter kann organiséiert ginn, do kéint e Meedchen e Studio louéieren - esou e klengen Emplacement -, wou hatt eng Dusch an eng Toilette huet a wou hatt selwer ka seng Aktivitéit bedriewen, esou wéi hatt et gären hätt. De Problem ass, krut ech

geäntwert, mir hätten eng Konvention ënnerschriften, d'Konvention vun New York, déi dat net géif erlaben.

Ech wëll just soen, dass et an den Nopeschlänner jo och geet, wéi an der Belsch an an Däitschland. Do schéngt et jo ganz gutt ze goen. Do hu se jo elo mobil Eroscenteren installéiert.

Deen, dee mengt, dass op jidde Fall d'Prostitioun vun haut op mar kéint bannéiert ginn, deen iert sech. Ech wëll och elo net op d'Theorien agoen, vun deem wat een nennt vun den Abolitionisten a vun de Reglementaristen. A Schweden hu se elo d'Prostitioun net verbueden, mä de Client, dee bei eng Prostituéiert geet, dee gëtt do condemnéiert. Ech mengen, dat wier och bestëmmt net déi richteg Situatioun, déi hei zu Lëtzebuerg géif...

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration**.- Firwat dann net?

■ **M. Xavier Bettel (DP)**.- Voilà, Här President, genau dat ass et. Elo kréien ech hei gesot, firwat dann net. Mä firwat hutt Dir et dann erlaabt, Madame Ministesch? Firwat solle mir dann den Text net änneren an et net erlaben? Dir wëllt et erlaben andeem den Text net geännert gëtt, dass et net verbueden ass, mä et dierf net op der Strooss sinn, et dierf net an engem Hotel sinn, et dierf net an engem Appartement gelount ginn a firwat elo net de Client bestrofen.

Här President, da soll d'Madame Ministesch direkt soen, dass een d'Prostitioun verbidde soll. Entweder et ass erlaabt oder et ass net erlaabt. Wann et net erlaabt ass, dann ass dat déi eng Positioun...

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration**.- Mir wollte just wëssen... Dir hat jo hei déi Debatt gefrot an ech denke jo awer och, datt Dir eng Virstellung doriwier hutt. Et ka jo net nëmme sinn, datt Dir elo frot, dass ech dat soll maachen. Ech soen lech, wat ech mengen.

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

■ **M. Xavier Bettel (DP)**.- Mä, Madame Ministesch, ech sinn elo fënnf Minutten amgaangen an ech hunn nach véier Minutten.

■ **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration**.- Ah, da waarde mer drop.

■ **M. Xavier Bettel (DP)**.- Da loosst mech fäerdeg schwätzen.

(Interruptions et hilarité)

Deen eenzege Problem vum Eroscenter ass, d'Prostituéiert ass Locataire vun engem Appartement, dat heescht fir de Loyer ze bezuele muss se den Acte sexuel maache fir d'Suen eranzekréien, fir iwwerhaapt kënnen dee Loyer vun deem Eroscenter, vun där Kabinn oder wéi Dir et wëllt nennen, ze bezuelen.

Dofir kann een déi Méiglechkeet vun engem Eroscenter analyséieren, mä de Stonnenhotel wier vill besser. De Stonnenhotel ass nämlech d'Méiglechkeet, dass de Client selwer d'Hotelskummer bezielt, wann hie wëllt an en Hotel goen, an dass dann an deem Hotel och keng Proxénètë kënne ronderëm spadséieren.

Wéi ech et elo dës le départ gesot hunn, Här President, hei geet et dréms: Entweder et ass erlaabt, esou wéi d'Léiglatioun hei ass, oder net. An da soll een net vergiessen, dass bal 30% vun de Leit, déi um Stréch sinn, Transsexueller sinn, an dass et och de Männerstréch gëtt; an dat ass och e Sujet, deen net gären abordéiert gëtt. Well wann een an den Zeitung kuckt - ech liesen lech elo net alles vir, Här President - do sinn et aacht Säiten an dat geet vun „sie sucht sie“ bis „er sucht ihn“ an „er sucht sie“ an „sie suchen ihn“, etc.